

REVUE MUSICALE DE L'UGDA



Die etwas andere Wertanlage


Hätten Sie gewusst, dass Sie mit einem Instrument von Steinway & Sons Ihr Geld gewinnbringend anlegen können?

Instrumente von Steinway & Sons zeichnen sich nicht nur durch musikalische Exzellenz aus, sondern bieten zudem eine wertbeständige und exklusive Anlagemöglichkeit. Für Investoren, die ihr Vermögen um ein einzigartiges Kulturgut erweitern möchten, sind Steinway-Flügel und -Klaviere eine klangvolle und langfristig lohnende Wahl. Die Wertentwicklung spricht für sich: Ein Steinway-Instrument, das vor 50 Jahren erworben wurde, kann heute bis zum Neunfachen seines ursprünglichen Kaufpreises erzielen – vorausgesetzt, es wurde regelmäßig gewartet und befindet sich in gutem Zustand.

Die Qualität und Exklusivität dieser Instrumente, kombiniert mit einer begrenzten Produktion und weltweit wachsender Nachfrage, sorgen für eine beeindruckende Wertbeständigkeit. Ein sorgfältig gepflegter Steinway verliert über die Jahre nicht an Wert, sondern gewinnt an Exklusivität und Attraktivität auf dem Markt.

Eine Investition in ein Steinway-Instrument ist nicht nur eine Entscheidung für musikalische Exzellenz, sondern auch für eine stabile und potenziell wertsteigernde Kapitalanlage.

70 % der Besitzer eines Steinway Spirio Selbstspielers können selbst kein Klavier spielen und betrachten ihn vor allem als Unterhaltungsprogramm und Wertanlage.



Im Pianohaus Marcus Hübner in Trier, dem exklusiven Steinway-Händler für die Region Luxemburg, Saarland und Trier, finden Sie eine breite Auswahl an neuen und gebrauchten Steinway-Instrumenten. Besuchen Sie das Pianohaus Marcus Hübner von Montag bis Freitag zwischen 10:00 und 18:00 Uhr sowie samstags von 10:00 bis 16:00 Uhr. Auch persönliche Beratungstermine außerhalb der regulären Öffnungszeiten sind nach Vereinbarung möglich.



STEINWAY & SONS



MARCUS HÜBNER
DAS PIANOHAUS



Le printemps en musique

 Photo : www.unsplash.com

Impressum - Sommaire	3	Les sociétés en action		<i>Musek Gemeng Bauschelt - Caeciliendag zu Bauschelt</i>	62
Adresses utiles	4	<i>Société de Musique Aspelt - Vill Aktivitéit</i>	34	<i>Kanner- a Jugendchouer Konsdref - Adventssangen</i>	62
Editorial	5	<i>Philharmonie Preizerdaul - Caecilienfeier mat Eierung</i>	36	<i>Lënster Musek - Galaconcert "E Spill mat villen Téin"</i>	64
<i>Nouvelle année musicale remplie avec des moments inoubliables et en gardant une place pour la charité !</i>	5	<i>Ensemble Vocal Vivace - Generalversammlung</i>	36	<i>Männerchouer Béiwen/Atert - Generalversammlung</i>	64
Rétrospective		<i>Artistekescht Käl - FKK um Forellenhaff</i>	38	<i>Chorale Mun. Sängerbond Dikrech - Let's celebrate today !</i>	66
<i>Regionalversammlungen</i>	7	<i>Harmonie Klengbetten - Magesch Momenter beim Show-Concert</i>	38	<i>Bech-Berbuenger Musek</i>	67
<i>56. Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle - Rapport</i>	8	<i>Harmonie Mun. Esch-sur-Alzette - Gala "Legends"</i>	40	<i>Harmonie Mun. Concordia Remich - 150 Jahre Tradition</i>	68
<i>163. UGDA Kongress</i>	9	<i>Heischter Musik - E musikaleschen Danz mat der Heischter Musik</i>	42	<i>Uraufführung von "Burning Strawman"</i>	69
L'UGDA en Action		<i>Société de Musique "La Lyre" Hellange - Wanterconcert</i>	42	<i>Luxembourg Philharmonia - 30 années sous la baguette de Martin Elmquist</i>	70
<i>Concert National pour Harmonies et Fanfares 2026</i>	25	<i>Harmonie Mun. Differdange - Zwischen Tradition und Zukunft</i>	44	<i>Leidelenger Musek - Wanterconcert & Crescendi feiern 10 Joer Bestoen</i>	72
<i>Principales actions 2026</i>	26	<i>Musikalisch ins neue Jahr</i>	45	<i>Märzeger Musik</i>	74
Communiqué		<i>Harmonie Mun. Echternach - Alte Traditionen mit neuem Klang</i>	46	<i>Harmonie Eilereng - 40-jähriges Bestehen groß gefeiert</i>	76
<i>Bëps Tipps - De Solfège, eng Formation Musicale ?</i>	27	<i>Chorale Mun. Sängerefreed Bettembourg - 30 Joer ënner der Direktioun</i>	48	<i>Musek Gemeng Beetebeurg - De Wee zur Grënnung</i>	78
L'UGDA informe		<i>Concordia The Voices Nidderaanwen - Flashback to the 80's</i>	50	<i>Musek Gemeng Biwer - Wanter, roueg a gemittlech Zäit</i>	80
<i>Comité d'honneur & Comité de patronage</i>	24	<i>Société Musicale Wincrange krëtt 50 Joer</i>	52	Petites annonces	
Ecole de Musique		<i>Big Band Memory - Celebrating 25</i>	56	<i>A vendre</i>	82
Rétrospective		<i>Musek Gemeng Dippech - Caeciliendag & Wanterconcert</i>	58	<i>Postes vacants</i>	84
<i>L'Ecole de musique de l'UGDA en un coup d'oeil</i>	29	<i>Harmonie des Mineurs - Bame meets Kleeschen & d'Hëlleg Barbara</i>	60	<i>Varia</i>	86
				Calendrier des manifestations	90

Union Grand-Duc Adolphe

Fédération Nationale du Mouvement Associatif de la Musique Chorale et Instrumentale, du Folklore et du Théâtre du Grand-Duché de Luxembourg

Association sans but lucratif,

Établissement reconnu d'utilité publique par loi spéciale du 1^{er} juin 1989

Fondée en 1863

Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Grand-Duc

L'UGDA bénéficie du soutien financier du Ministère de la Culture



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

REVUE MUSICALE

3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN
Tél. : (+352) 46 25 36-1 / (+352) 46 25 36-21
E-mail : revue-musicale@ugda.lu
Internet : www.ugda.lu

Revue Musicale N° 1/2026

89^e année

Lëtzebuenger Museks-Zeitung
Organe officiel de l'Union Grand-Duc Adolphe

Périodicité : trimestriel

Tirage : 10.000

Contrat P&T : I7UGDA

Courriel : revue-musicale@ugda.lu

Responsables de l'édition :

Bureau exécutif, Conseil d'administration et Direction de l'Ecole de musique de l'UGDA

Layout : Maïté Louis, Claude Mousel

Imprimerie : Imprimerie Centrale, Luxembourg

Administration, abonnement et publicité :
Union Grand-Duc Adolphe

Prix par abonnement : 2,50 Euro

Distribution gratuite aux sociétaires des sociétés affiliées à l'UGDA, aux enseignants et aux élèves de l'Ecole de Musique de l'UGDA.

La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.

Les manuscrits publiés ne reflètent pas nécessairement la manière de voir de l'UGDA.

Prochaine édition : 8 juin 2026

En couverture : Concordia The Voices Nidderaanwen

(Photo : Ian SANDERSON & Peter KAPS)

Fédération / Mutuelle / Centre du documentation	3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 46 25 36-1 • Courriel : direction@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h00 • Standard téléphonique : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h30
Ecole de musique	3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 22 05 58-1 • Courriel : ecole@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h00 - 16h30
Ecole de musique du Canton de Clervaux	Montée du Château • B.P. 70 • L-9701 Clervaux • Tél. : 92 96 76-1 • Fax : 92 96 76-76 • Courriel : mcc@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h30 - 16h30

CONSEIL D'ADMINISTRATION

Fonction	Nom et prénom	Localité	Courriel
Président	HEINEN André	GOSSELDANGE	andre.heinen@ugda.lu
Vice-Président	KRIER Emile	BERTRANGE	kriere@pt.lu
Vice-Président	ROULLING Roger	VOLMERANGE	roger@gmx.fr
Secrétaire général	THILL Marc	STRASSEN	marc.thill@ugda.lu
Trésorier général	ENGLER Jean-Luc	LEUDELANGE	jean-luc.engler@ugda.lu
Membre	DONVEN-ROSSETTI Adèle	BELVAUX	donvenm@pt.lu
Membre	ENGEL Georges	SOLEUVRE	engel@pt.lu
Membre	EWEN Jean	LINTGEN	jeanewen1@gmail.com
Membre	FISCHER-SCHARTZ Simone	SCHUTTRANGE	sfischer@pt.lu
Membre	HEINTZEN Joe	VIANDEN	joheintz@pt.lu
Membre	KETTEL Claudine	LAROCLETTE	musikant@pt.lu
Membre	KOHNKOW Patricia	HOBSCHEID	comicpatty@yahoo.de
Membre	MERTZ Marc	DALHEIM	mertz@pt.lu
Membre	MICHELS Pol	LUXEMBOURG-GRUND	sound-light-vision@live.com

DÉLÉGUÉS DE L'UGDA

Nom et prénom	Localité	Courriel
BOULTGEN Isabelle	ESCH/ALZETTE	i.boultgen@gmail.com
GOERGEN Francis	DIFFERDANGE	goefr@yahoo.fr
HENRION Romain	LUXEMBOURG	herom@pt.lu
KRUMMES-LIST Monique	HOBSCHEID	krupa@pt.lu
MICHELS Angèle	LUXEMBOURG-GRUND	michels1@pt.lu
MULHEIMS Mireille	MERSCH	mimi@pt.lu
ROETTIGERS-DE ROND Myriam	TROISVIERGES	myriamderond@yahoo.de
SCHAMMO Jean	HELMANGE	schammo.jean@walfer.net
UEHLEIN Bernd	GREVENMACHER	b.uehle@pt.lu
WISELER Manuela	ZEMMER	manu1965.mw@gmail.com
ZEIMET-SCHROEDER Monique	REMICH	moniquezeimetschroeder@gmail.com



Nouvelle année musicale remplie avec des moments inoubliables et en gardant une place pour la charité !

André HEINEN | Président de l'Union Grand-Duc Adolphe

www.ugda.lu

Chers membres,

C'est avec grand plaisir que nous vous présentons la première édition de la revue musicale de l'année 2026.

Nous avons récemment célébré le 163e Congrès fédéral, organisé pour la première fois au Centre culturel de Grevenmacher, en présence de Eric Thill, ministre de la Culture, de Martine Deprez, ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, de Léon Gloden, ministre de l'Intérieur, ainsi que de Marc Spautz, ministre du Travail.

Nous adressons nos plus sincères remerciements à la commune de Grevenmacher et à l'Harmonie Municipale de Grevenmacher pour leur précieux soutien tout au long de cette journée organisée dans ce nouveau cadre. Lors de ce Congrès, le Conseil d'administration a été renouvelé et de nouveaux membres ont été élus. Nous souhaitons la bienvenue à Monsieur Jean-Luc Engler, nouveau membre du Conseil et dans la fonction de trésorier nouveau membre du comité exécutif, ainsi qu'à Monsieur Marc Mertz, nouveau membre du Conseil. Nous leur adressons nos plus chaleureuses félicitations et leur souhaitons plein succès dans leurs nouvelles missions au sein de notre Fédération.

L'encadrement musical du Congrès était assuré par le groupe « Märeler Big Band », qui a présenté un programme varié et de grande qualité, avant de clôturer la cérémonie avec l'hymne nationale « Ons Heemecht ».

Les stages de l'École de musique ont également eu lieu durant le congé de Carnaval. Les plus jeunes se sont retrouvés au Centre de jeunesse de Marienthal et au Centre Robbesscheier à Munshausen pour partager ensemble leur passion musicale. Le prochain stage se déroulera du 7 au 10 avril au Centre de jeunesse de Marienthal et prendra la forme d'une Bandweek destinée aux adolescents à partir de 13 ans.

Un moment fort sera également la participation de l'École de musique au Relais pour la Vie, les 21 et 22 mars 2026. Nos deux équipes, coordonnées par leur capitaine Daniele Notarnicola, sont fières de s'engager pour cette belle cause afin de soutenir les personnes atteintes d'un cancer. Nous vous invitons chaleureusement à venir nous encourager à la Coque ou à soutenir notre équipe par un don : ensemble, nous pouvons faire la différence.

Nous avons en outre le plaisir de vous inviter dès à présent au concert de clôture du NYWOL, orchestre d'harmonie composé de jeunes musiciens venus des quatre coins du Luxembourg. À l'issue d'un stage d'une semaine en Allemagne, l'orchestre se produira le samedi 4 avril 2026 à 20h00 au Théâtre de Mersch.

La Fédération espère également vous retrouver lors d'un des trois prochains Concerts Nationaux pour Harmonies et Fanfares, organisés par les sociétés de musique « Baastenduerfer Musik », « l'Harmonie Grand-Ducale Orania Colmar-Berg » et les « Muséksfrënn Gemeng Noumer » : le 9 mai à Tandel, le 6 juin à Colmar-Berg et le 13 juin à Schoos.

À tous mes collaborateurs de la Fédération de l'UGDA, de l'École de musique, aux membres du Conseil d'administration et aux délégués, je souhaite une excellente année musicale 2026, riche en projets et en réussites.

Un remerciement tout particulier s'adresse également à nos donateurs ainsi qu'au ministère de la Culture pour leur soutien financier fidèle et précieux. Leur engagement est essentiel à la pérennité de la Fédération de l'UGDA et à la réalisation de nos projets musicaux.

André HEINEN
Président fédéral



ÄR GESONDHEETSMUTUELLE
ZANTER 1956



**DENG GESONDHEET
ASS DIR WICHTEG.**

MIR SINN DO.

Gesond sinn a gesond bleiwen ass ganz wichteg.
Entdeckt ons Gesundheetsvlogs an de gesunde Podcast op gesundbleiwen.cmcm.lu.

Loscht Member bei der CMCM ze ginn? Mëi Info op www.cmcm.lu

MIR SINN DO. FIR JIDDEREEN.

[cmcm_luxembourg](https://www.facebook.com/cmcm_luxembourg) [@cmcm_lu](https://www.instagram.com/cmcm_lu) [CMCM Luxembourg](https://www.youtube.com/CMCM_Luxembourg) [cmcm_lu](https://www.whatsapp.com/channel/cmcm_lu) [CMCM-App](#)



Leideleng - Réimech - Léiler

Regionalversammlungen vun der UGDA

Text : **Marc THILL** | UGDA Generalsekretär | Foto : **Viviane HEINEN**

Fir no bei de Veräiner ze bleiwen, dofir sinn d' UGDA Regionalversammlunge gemaach ginn. Am Joer 2025 waren dräi Regionalversammlunge, de 8. Dezember zu Leideleng, de 11. Dezember zu Réimech an de 14. Dezember zu Léiler. Interessie a Froe ware wuel do, wëll insgesamt 165 Veräiner hunn un de Regionalversammlungen zu Leideleng (110 Veräiner), zu Réimech (40 Veräiner), an zu Léiler (15 Veräiner) Deel geholl.

Eng Begréissung vum President André Heinen huet jeeweils d' Regionalversammlung opgemaach, duerno huet de President oder Comitésmember vun der Museksgesellschaft déi d' UGDA empfaang huet, hire Veräin virgestallt.

Mam Aktivitéitsbericht 2025, a direkt duerno mam Aktiounsprogramm 2026, präsentéiert vum UGDA-Generalsekretär Marc Thill, ass de Programm weider gaang. Zu Réimech huet hei de Vize-President Roger Roulling de Marc Thill vertrueden de wéinst engem Gemengerot méi spéit op Réimech komm ass.

De Generaltrésorier Joe Heintzen huet de Bilan vun der Federatioun a vun der Museksschoul virgestallt, wei en sech dann um Enn vum Joer 2025 presentéiert huet, zesumme mam Budgetsprojéit fir d'Joer 2026.

An enger zousätzlecher Interventioun huet den UGDA-Generalsekretär Marc Thill Explikatioune ginn iwwert de fënnf Jores Plang den d' Projete fir d' Joren 2026 bis 2030 opweist.

De Vize-President Emile Krier huet de Reglement vum nationale Concours fir Blossorchester virgestallt de fir de 14. a 16. Mee 2026 zu Leideleng programméiert ass. Duerno huet de Vize-President Roger Roulling de Reglement vum groussen Europäesche Concours erkläert. Dëse Concours wäert de 5. a 6. Juni 2027 an der Philharmonie um Kirchberg organiséiert ginn. Mat engem Opruff fir Kandidaturen am Büro, dem

Verwaltungsrot, der Commission d'arbitrage, a fir Keeserevisseure vun der Federatioun ass et am Programm weider gaangen. Och Kandidature fir de Verwaltungsrot a fir Revisseure vun de Konte vun der UGDA Mutuelle ginn nach gesicht.

Duerno sinn d' UGDA-Delegéiert ENGLER Jean-Luc (Leidelenger Musek), GOERGEN Fränz (Harmonie Municipale Differdange), KRUMMES-LIST Monique (Chorale Ste Cécile Hobscheid), MICHELS-UNSEN Angèle (Gesangveräin Emile Michels d'Grënnesch Spatzen), MULHEIMS Mireille (Gesangveräin Emile Michels d'Grënnesch Spatzen), ROETTIGERS-DE ROND Myriam (Harmonie Grand-Ducale de la Ville de Wiltz), SCHAMMO Jean (Fanfare Royale Grand-Ducale Luxembourg-Grund-Fetschenhof-Cents Pulvermuhl), UEHLEIN Bernd (Chorale Municipale Grevenmacher) duerch Applaus bestätegt ginn.

Ueschléissend huet den André Heinen déi nei Applikatioun virgestallt, déi de Veräinssekretären d' Aarbecht beim Un- oder Ofmelle vun hire Memberen am elektronische Register vun der UGDA méi einfach maache soll.

Eng Ëmfro déi d' "Zefriddenheet mam Musizéieren" soll fest stellen, gëtt während den éischte Méint vum Joer 2026 ënnert verschiddene Museksveräiner vun der UGDA duerch gefouert. Dës Etude ass a Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg ausgeschafft ginn.

D' Veräiner hunn nach Froe gestallt ginn iwwert d' Jugendarbecht, wou net ëmmer alles einfach ass, an iwwert de Réckgang vun de Casco-Garantien op den Autoe vun de Veräinsmembere bei der UGDA-Versécherung.

D' Regionalversammlungen si jeeweils mat engem Message vum Verrieder aus dem Buergermeeschter- a Schäfferrot vun de verschiddene Uertschaften a mat de beschte Wënsch fir dat Neit Joer vum UGDA-President André Heinen ofgeschloss ginn.





Sonntag, 25. Januar 2026, Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :

56. Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle – Rapport

Text : Marc THILL

Et war e bëssen ee méi beweegte Joer mat 6 Versammlunge vum Verwaltungsrot. Déi normal Generalversammlung vun der UGDA-Mutuelle, war 26. Januar 2025, am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg.

D'Tariffer an d' Leeschtunge vun der Mutuelle sinn am Joer 2025 net weider ugepasst ginn.

D'Chargen am Verwaltungsrot sinn déi nämmlecht bliwwen mam:

Robert KÖLLER, President; Emile KRIER, Vize-President; John LENERT, Vize-President; Jean-Pierre REUTER, Vize-President; Marc THILL, Secrétaire; André HEINEN, Trésorier; Gabrielle CORDIER, Member; Pol MICHELS, Member; Roger ROULLING, Member.

Dat wäert sech awer lo ännere mat de Wale vun engem neie Verwaltungsrot déi dëst Joer ustinn a wou de Robert KÖLLER an d'Gabrielle CORDIER net méi hir Kandidature wäerte stellen.

De Robert KÖLLER huet och als Trésorier général vun der Fédération Nationale de la Mutualité Luxembourgeoise der FNML opgehale, an domat ass d' Mutuelle vun der UGDA net méi direkt an dësem Gremium vertruuden. Am November lëschet Joer, bei der Neiopstellung vun der FNML, huet UGDA-Mutuelle keng nei Kandidatur gestallt.

Am Abrëll krute mir eng Analyse vun der Situatioun a Propositione fir neie Produkte fir d' UGDA-Mutuelle vum President Robert KÖLLER virgestallt. Et ass vill iwwer déi nei Produkte diskutéiert ginn, ënner anerem eng Extenssioun vun der Assurance décès. Iwwer des Produkte ass awer bisweilen nach keng Décisioun getraff ginn.

Verschiede Membere vun der UGDA-Mutuelle hunn de 16. Juni 2025 un der éischter Generalversammlung vun der FNML Deel geholl. Op der zweeter Generalversammlung am November war dann zwar kee mei mat dobäi.

Dann war och eng Delegatioun vun der UGDA-Mutuelle op den zwee Kongresser vun der CMCM, de 19. Juni an de 15. Juli 2025 zu Munnerefer. Et waren zwee Kongresser well Statuten ugepasst gi sinn.

Verschieden Informatiounsversammlunge vun der CMCM waren am Virfeld am Mée an am Juni, och do ware Membere vum Verwaltungsrot vun der UGDA-Mutuelle mat dobäi.

An dësem Kontext steet och de Mail vum 18. Juli 2025. Hei freet d'CMCM all ugeschlossene Mutuelle no der exakter Unzuel vun hire Membere. Dat ass geschitt am Cadre vun der neier Berechnung vun der Retrozessioun. D'Ponderatioun vum Schlëssel ass lo 50/50% gesat ginn, anstatt wei e virdu war 33/67%.



Laut dem Gesetz vun 2019 kënnen mir lo awer alleguer d'Membere déi bei der UGDA-Mutuelle an der Stierfkeess a fir de Fall Accident ageschriwwen si mëllen, net méi just déi Membere aus der Stierfkeess. Wat mir dunn och gemaach hunn.

Dat war einfach ze realiséieren. Laut dem Gesetz vun 2019 huet d'UGDA-Mutuelle missen hir Assurancen ëmverdeeelen. Nëmme Assurance déi un d'Gesondheet oder u Kierperschied gebonne sinn, hunn dierfe bei der Mutuelle bleiwen.

D'Koordinatiouns-Reunioun mat der LaLux iwwert Statistiken vun de Schied aus dem Joer 2025 war am November. Hei ass ee Resumé dovun.

Assurance Responsabilité civile	8	Deklaratioune
Assurance Accidents	4	Deklaratioune
Assurance Instruments	59	Deklaratioune
Assurance Kasko	25	Deklaratioune
Assurance Electronique	0	Deklaratioun
Stierfgeld	48	Stierffäll

Dat ass zwar eng kléng Steigerung par Rapport zum Joer virdrun, mee si ass net dramatesch, sou dass d' Primmen net gehuewe ginn.

Et ass allerdéngs opgefalle, dass d'Kasko-Garantie vu muenche Veräiner gestoppt gi sinn, well vill Leit der Meenung sinn sie hunn jo selwer eng eege Kasko op hirem Auto.

Dat ass zwar eng richteg Iwwerleeung, mee jee ëm wat fir e Fall et sech handelt, da kann et sinn dass är Prime vun der Kasko bei engem Sinister an d'Luucht geet. Wann dir awer duerch de Pool vun den UGDA-Versécherunge geschützt sidd ass dat net sou séier de Fall.

Handelt et sech ëm een Déplacement fir de Veräin, dann ass de vun der UGDA-Versécherung gedeckt, an är perséinlech Kasko ass net betraff. D'Prime pro Joer fir Kasko-Garantie ass net sou vill. Dofir iwwerleet et lech als Veräin leiwer gutt, ier Dir dës Garantie annulléiert.



Sonntag, 25. Januar 2026, Centre Culturel Machera, Gréiwemaacher :

163. UGDA Kongress

Rapport

Text : **Marc THILL** | UGDA Generalsekretär | Fotoen : **Viviane HEINEN**

Kongress

Den 163ten UGDA Kongress um 25. Januar 2026 war dës Kéier am Centre culturel "Machera" vun der Stad Gréiwemaacher. De Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg gëtt ëmgebaut, do kënnen fir e puer Joer keng Manifestatioune méi organiséiert ginn.

Et war ee Kongress de vill Zousproch fonnt huet, a wou direkt véier Ministere present waren. Den Eric Thill als Kulturminister, d'Martine Deprez a senger Funktioun als Gesondheitsministesch a Ministesch vun der Sécurité sociale, de Léon Gloden als Inneminister, an de Marc Spautz als Aarbechtsminister.

Des weideren hunn d'Octavie Modert an den Fernand Diederich als Deputéiert, respektiv Éierendeputéiert, d'Chamber vertrueden.

Vun de Gemenge war natierlech d'Monique Hermes a senger Funktioun als Buergermeeschtesch vu Gréiwemaacher um Kongress mat dobäi. Donieft de Louis Pinto, Buergermeeschter vu Lëntgen, de Claude Marson, Buergermeeschter vu Schëtter, Robert Beissel, Buergermeeschter vu Stadbriedemes, Annie Nickels-Theis Buergermeeschtesch vu Buurschent, de Carlo Heuertz Schäffe vu Fréiseng, d'Josselijn De Vries, Schäffin vun Nidderaanwen, d'Nadine Kuhn-Metz, Schäffin vu Schëffleng, d'Marianne Dublin-Felten, Schäffin vu Stengefort, an de Luc Thinnes als President vun der Kulturkommissioun vun der Gemeng Monnerech.

Aus der Welt vun der Kultur a vun der Musek ware vertrueden de Gilles Lacour, Commissaire du Gouvernement à l'enseignement musical, de Joé Haas, Responsabel fir d'Unité musique vum Kulturministère, de Romain Asselborn vun der



Maacher Musikschool, den Alain Holtgen vum Théâtre le 13, d'Françoise Molitor vun der Nationalbibliothék an de Michel Leruth vum Service Espaces publics, fêtes et marchés vun der Stad Lëtzebuerg. Nicole Kuhn-Di Centa, Presidentin, huet d'Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Primaire, d'LASEP um Kongress vertrueden.

Vun der UGDA Musekschool war Directrice Micky Thein mat dem Directeur-adjoint Yves Popow, begleet vun den Attachéë Frank Wagner a Daniele Notarnicola, wéi de Chargéë de Direction Michelle Van Dijk a Thomas Reuter, vun der Musekschool aus dem Kanton Cierf, present. Genee wéi de Pierre Feltgen, Conseiller juridique vun der UGDA Federatioun a vun der Musekschool, den op Gréiwemaacher fir de Kongress komm war.

Aus der Groussregion sinn op Gréiwemaacher komm de Freddy Schmitz, President vun der Fédération musicale du Luxembourg Belge, de Norbert Sartoris, President vum Kreismusikverband Bernkastel-Wittlich a Vizepräsident vum Landesmusikverband Rheinland-Pfalz, de Peter Meyenschein, President vum Kreismusikverband Bitburg-Prüm.

Nieft enger grousser Delegatioun vun der UGDA-Mutuelle, déi aus dem Presidente Robert Köller, de Vize-Presidente John Lenert a Jean-Pierre Reuter, dem Sekretär Marc Thill, sou wéi de Membere vum Verwaltungsrot Gabrielle Collignon-Cordier a Pol Michels, wéi de Keeserevisseuren Arlette Wagner-Heitz a Norbert Classen bestan huet war och d'Sandra Herrmann-Strohl, Conseillère juridique aus dem Ministère vun der Sécurité sociale, um Kongress mat dobäi.

De President André Heinen huet dunn de Robert Weyland Éierepresident vun der UGDA, an d'Memberen aus dem Exekutiv-Büro vun der Federatioun, d'Vize-Presidenten Emile Krier a Roger Roulling, de Generalsekretär Marc Thill, an de Generaltresorier Joe Heintzen begréisst.





Begréisst goufen och Memberen aus dem UGDA-Verwaltungsrot Adèle Donven-Rossetti, Georges Engel, Jean Ewen, Simone Fischer-Schartz, Antoinette Hoschet, Claudine Kettel, Jean-Paul Kinnen, Patty Köhnkow, Pol Michels an Arlette Wagner-Heitz, wéi och Susanne Kramer als Membre honoraire vum Verwaltungsrot.

Vun den UGDA-Delegéierte ware Jean-Luc Engler, Romain Henrion, Monique Krummes-List, Angèle Michels-Unsen, Mireille Mulheims, Myriam Roettgers-De Rond, Jean Schammo, Bernd Uehlein, Manuela Wiseler a Monique Zeimet-Schroeder present um Kongress.

Des weidere war de Vérificateur des comptes Emile Noesen an de Vérificateur honoraire des comptes Norbert Steinmetz, wéi och den Alain Kugener vum Conseil d'arbitrage mat dobäi. Natierlech wëlle mir net d'Vertrieder vun den 177 Veräiner vergiessen, déi de Wee op Gréiwemaacher gemaach haten.

Vum Personal vun der Federatioun a vun der UGDA-Mutuelle waren d'Laura Ascani, de Carlo Köller, de Claude Krack, d'Maïté Louis an de Pascal Thiry mat dobäi.

D'Viviane Heinen huet wéi all Joer fir déi schéi Fotoe vum Kongress gesuert. Den Encadrement Musical ass vun der Märeler Big Band assuréiert ginn.

Gedenken un déi Verstuerwe

Beim Gedenken un déi Verstuerwen hu mir dëst Joer besonnesch un de Fernand Buchholtz geduecht, de laangjäregen Delegéierte, Vize-President vun der UGDA, Member vum Verwaltungsrot vun der Museksschoul a Member vum Verwaltungsrot vun der Mutuelle war.

Mir hunn och dem Fred Harles geduecht, den als Direkter vum Escher Conservatoire a Member vun der National Programmkommissioun oft an de Juryen vun den UGDA-Concoursen mat gehollef huet.

Walbüro

Wëll 2026 Wale fir de Verwaltungsrot waren huet missen ee Walbüro zesumme gestallt ginn. De Maître Pierre Feltgen, President vum Walbüro huet op d'Wichtigkeet beim Respekt vun de Formen a Prozedure bei de Walen higewisen.

Admissioun / Desaffiliatioun / Exklusiv

Sou gutt wéi all Joer ginn et Admissioun, Desaffiliatioun an Exklusiv vun Veräiner aus der UGDA.

Am Joer 2026 sinn nei opgeholl ginn:

- Grupo Etnografico Do Alto Minho
- Chorale Protestantesch Kierch Lëtzebuerg
- Chorale Ste Cécile Septfontaines

Desaffiliéiert goufen:

- Chorale Schifflange
- Société Chorale Cessange
- Theaterkëscht Hueschtert
- Chorale Sänger vun der Bich Rodange

An ausgeschloss hu leider misse ginn:

- Ensemble Vocal Ste Cécile Ehnen

All dës Propositionen huet de Kongress eestëmmege approvéiert.



Le Conseil d'Administration de l'UGDA : Antoinette Hoschet, Patricia Köhnkow, Jean Ewen, Martine Deprez (Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale), Monique Hermes (Bourgmestre de Grevenmacher) Emile Krier (Vice-président), Jean-Luc Engler (Trésorier général), Adèle Donven-Rossetti, Marc Thill (Secrétaire général), Roger Roulling (Vice-président), Eric Thill (Ministre de la culture), Claudine Kettel, André Heinen (Président fédéral), Pol Michels.

Aktivitéitsbericht 2025

Den Aktivitéitsbericht vum Generalsekretär Marc Thill zitt sech wéi ee präzise Bilan iwwert dat ganz Joer a weist eis genee op wat mir gemaach hunn an dësem Zäitraum.

2025 war ee relativt normaalt Joer wat d'Aktivitéiten ugeet, leider sinn e puer Lacune am Joer dra well e puer Manifestatiounen ofgesot gi sinn.

UGDA-Kongress – 26. Januar 2025

Den 162ten Kongress vun der UGDA war de 26. Januar 2025, am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg, direkt no der 55ter Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle. Fir de musikaleschen Encadrement huet d'Éilerenger Strépp gesuergt.



Rendez-vous vun de Mandolinnen an de Gittare – 26. Abrëll 2025

D'Société mandoliniste "La Lyre" vu Gueber huet am Kader vun hirem 75ten Stéiftungsfest de Rendez-vous vun de Mandolinnen an de Gittaren organiséiert. De Programm war ofwiesslungsräich, an ass vun der Volleksmelodie bis hi bei dem John Miles säi weltbekannten Titel "Music" gaang.

Zesumme mat de Veräiner Cercle mandoliniste Differdange, Cercle mandoliniste "Hémechtsle'ft Kayl", Cercle des mandolinistes Bettembourg an dem Cercle des mandolinistes Tétange huet "La Lyre" am Centre Gaston Stein zu Jonglënster mat dësem musikaleschen Dag eng wonnerbar Visittekarte fir Mandolinne- a Gittarmusek ofgeléiwert.

Concert am Gedenken un eis verstuerwen UGDA-Präsidenten, Roger Diederich, Henri Schumacher, Louis Karmeyer, Gilbert Girsch – Philharmonie, Kierchbierg - 18. Mee 2025

Den 18. Mee hu mir an der Philharmonie, a Presence vu Grand-Duc Guillaume (deemools nach Grand-Duc héritier), dem Minister Léon Gloden an der Ministesch an UGDA-Éierepresidentin Martine Deprez, wéi och dem Éierepresident Robert Weyland, de véier verstuerwene UGDA-Présidente Roger Diederich, Henri Schumacher, Louis Karmeyer, a Gilbert Girsch mat engem Concert geduecht.

Et ass dorëms gaang d'Wierke vun dëse Leit ervir ze hiewen, als President vun der Federatioun, wéi och als Musikant oder Sänger an hire Veräiner. Dofir war de Programm zesumme gestallt ginn aus Museken a Chorale an deenen si zu Liefzäiten aktiv waren.



D'Fanfare vun der Gemeng Duelem, ënnert der Direktioun vum Josy Holcher, wou de Louis Karmeyer laang Joren als Musikant an als Sekretär, a spéider als Vize-President aktiv war.

Duerno d'Harmonie Mutfort-Méideng, ënnert der Direktioun vum Bernd Müller. De Roger Diederich huet do vun 1945 bis 1979 Trombone gespillt a war vun 1967 bis 1979 President vun dëser Gesellschaft. Hien huet sech ausserdeem vill fir de Museksunterricht an der Gemeng agesat.

De Gesang- an Theaterveräin "La Fraternelle" aus dem Stadgronn, zesumme mat der Chorale Sainte Cécile vun Habscht ënnert hirem Dirigent Francis Lucas, der Chorale Sainte Cécile Réiser vu Krautem mat der Madame Sylvie Serra-Jakobs, der Chorale Ëmmerrfrou vun Téiteng mat der Madamen Olga Haine-Modestowa, an der Chorale municipale Gréiwemaacher mat der Madame Salomé Harms-Sanchez hunn de gesanglechen Deel vu Concert iwwerholl. Den Henri Schumacher war 40 Joer an der "Fraternelle" aktiv als Sänger, als Sekretär an als President.



D'Fanfare Royale Grand-Ducale Luxembourg Grund Fetschenhof Cents Pulvermühl, war dunn ee weidere Veräi wou den Henri Schumacher Member vun 1947 bis 2022 a President vun 1972 bis 1981 war.

De Gilbert Girsch war Member am nämmlechte Veräi vun 1963 bis 2024, als Secrétaire, Secrétaire général an duerno als Vize-President. Ënnert der Leedung vum François Schammo huet d'Fanfare Royale Grand-Ducale Luxembourg Grund Fetschenhof Cents Pulvermühl de festlechen Ofschluss vum impressionnante Concert gemaach.

Nationale Concours fir Blossmusiken

Den nationale Concours fir Blossmusiken den hätt sollen 2025 zu Leideleng sinn ass op d'Joer 2026 verluecht ginn.

UGDA-Museksdag – 15. Juni 2025

Den UGDA-Museksdag war 2025 um Knuedler. Eis Veräiner haten d'Chance vun der Bühneninstallatioun dierfen ze profitéiere, déi de Service Espaces publics, Fêtes et Marchés vun der Stad Lëtzebuerg do opgebaut hat. Een Dag, den ee Succès war, a wou souguer d'Wieder matgespillt huet.

Mat dobäi waren d'Chorale Lidderfrënn vu Monnerech, d'Biergaarbechtermusik (Harmonie des mineurs) vun Esch-Uelzecht, d'Société Philharmonique Larochette (Fiels), d'Société de musique Wincrange, d'Harmonie Péiteng, d'Grousbus-Waler Musek, d'Société de Musique St. Lambert Perlé, wéi de Cercle des Mandolistes vun Téiteng.



Am Kader vum UGDA Museksdag waren awer och an eise Museksschoulen uechter d'Land genuch Aktivitéite. Verschiede Chargéen hunn zesumme mat hire Schüler kléng Concerten op der Platz gi wou si hir Course halen organiséiert.



Médailles gouvernementales et fédérales – 18. Juni 2025

Déi Leit déi sech Dag an, Dag aus fräiwëlleg fir d'Kultur asetze sollen dofir ee Merci kréien. Aus dësem Grond sinn den 18. Juni am Centre Barblé zu Stroossen, a Präsenz vum Här Kulturminister, d'Medaile vun der Regierung a vun der Federatioun iwuerrecht ginn.

Ausserdeem sinn hei déi finanziell Ënnerstëtzungen aus dem Programm "Sociétés à l'étranger" iwuerrecht ginn.



Fir de musikaleschen Encadrement huet de Saxophones-Ensembl aus der Gemeng Fréiseng vun der regionaler « Musekschoul Syrdall » gesuergt, ënnert der Leedung vum Annick Henquet.



Defilé non-militaire – 23. Juni 2025

Den Defilé non-militaire war natierlech op National Feiertag. D'UGDA hat eng staark Bedeelegung mat de vereenegte Museksgesellschaften aus dem Kanton Klierf. Direktioun vun all deene Museken op dësem festlechen Dag huet de Werner Eckes iwuerholl.

Jugenddag – 12. Juli 2025

De Jugenddag, den hätt sollen zu Monnerech sinn, huet leider missen ofgesot ginn, well sech net genuch Museken ugemellt haten.

Big Band Dag – 13. Juli 2025

De Big Band Dag vun der UGDA huet den 13. Juli 2025 an der Stad d'Big Band Memory 2.0 mat dem Dirigent Laurent Hoffmann, d'Right Stuff Big Band ënnert der Leedung vum Nils Thoma, d'Big Band Spuerkeess Bankers In Concert mat hirem Dirigent Romain Alff, d'Märeler Big Band ënnert der Leedung vum Nick Wilkinson, an d'Big Band Opus 78 Band ënnert der Leedung vum Paul Fox op der Plëss zesumme bruecht.



LUGA Closing Zeremonie – 18. Oktober 2025

Bei der Ofschloss-Zeremonie vun der Luxembourg Garden Show LUGA an der Stad war d'UGDA mat dräi Veräiner dobäi. D'Biergaarbechtermusik, d'Harmonie Péiteng an d'Harmonie municipale vu Kënzeg hunn do fir de musikaleschen Encadrement gesuergt.



Akkordeonsdag – 19. Oktober 2025

Den Dag vum Akkordeon, den et am zwee Joers Rhythmus zanter 1992 gëtt, war den 19. Oktober am Tramsschapp um Lampertsbierg. Den Akkordeonorchester aus Menningen/Minden, den Akkordeonorchester "Frohe Klänge" aus Idesheim-Ittel-Hofweiler, béid ënnert der Leedung vum Tom Conrad an d'Société municipale des accordéonistes de Luxembourg SMAL hunn den Dag zesumme gespillt.

Regionalversammlungen 2025

Fir den administrativen Ofschloss vum Joer ginn et eis Regionalversammlungen. Déi waren 2025 zu Leideleng (8. Dezember), zu Réimech (11. Dezember) an zu Léiler (14. Dezember).

D'UGDA seet de Veräiner an de Gemengen ee grouse Merci, déi eis fir dës Versammlunge gutt empfangen hunn.



Museksschoul 2025

Selbstverständlech gouf et och genuch Aktivitéiten an eiser Museksschoul.

Table ronde iwwert d'Jugend

Den 10. Februar 2025 war ee gutt besichten Diskussionsowend zu Walfer, wou mir un enger Table-ronde mat de Veräiner iwwert Perspektive vun der Jugendarbecht geschwat hunn.

Wat kënnen mir maache fir déi Jonk mei fir d'Veräiner ze begeeschteren? Wat fir Bedingunge mussen erfëllt gi fir dass se am Veräi bleiwen? Wéi assureiere mir d'Transitioun tëscht de Generatioune?



Stagen a Musekscoursen

Dann ware rëm eis belëift Stagë fir verschidden Alterskategorie, wéid'Musekswoch vum 16. bis de 21. Juli 2025 am Mariendall. 66 Kanner a Jugendlecher am Alter vun 10-16 hunn hei Deel geholl.

D'International Music Week huet vum 18. bis de 28. Juli 2025 zu Esch / Alzette, am Kader vun engem ERASMUS+ Programm, 50 Jugendlecher aus iwwer 10 Länner zesumme bruecht.

D'Musekswoch fir Ufänger war vum 22. bis de 26. Juli 2025 am Centre de Jeunesse vum Mariendall mat 41 Kanner.

Dës Stagë waren, wéi schonn sou oft a Zesummenaarbecht mat dem SNJ; der Museksschoul vum Kanton Klierf (EMCC)



oder mat dem Institut Européen du Chant Choral (INECC) organiséiert.

Wat de Kanton Klierf ugeet, do huet eis leider de Jean-Paul Reitz, President vum Syndicat Musique et Chant vum Kanton Klierf de 17. Juni am Alter vun nëmmen 69 Joer vill ze fréi verlooss.

D'Flüttistin Chloé Muller an den Trompettist Philippe Wein hu Lëtzebuerg vum 13. bis de 26. Juli 2025 representéiert beim "International Music Camp Peacegarden" am Nord-Dakota (USA).

Den National Youth Wind Orchestra Luxembourg, NYWOL war vum 12. bis den 19. Abrëll 2025 aktiv mat engem Stage an Éisträich, am Schloss Hotel zu Zeillern. Duerno war een ofschléissende Concert am Centre "Machera" zu Gréiwemaacher.

Bei de Festivitéite vum Trounwiessel war de 4. Oktober 2025 eng Delegatioun vun der Museksschoul beim Cortège op der roudier Bréck mat dobäi als Deel vum Tram "Kreativitéit".

De wichtegste Rendez-vous vun der Museksschoul am Joer war awer de 41. Concours des Jeunes Solistes, den 23. November 2025, dës Kéier am Conservatoire du Nord. Den europäesche Concours hat als Schwéierpunkte, de Piano, den Hautbois, an de Fagott. Et hunn hei 166 jonk Solisten, aus verschiddene Natioune, matgemaach.



Administrativ an international Aktivitéiten 2025

Den UGDA Verwaltungsrot hat 6 Sitzunge, a 42 Sitzunge ware vum Exekutiv-Büro. De Verwaltungsrot vun der Museksschoul huet sech 6 mol getraff.

Revue musicale

Wichtig fir eis Kommunikatioun mat de Veräiner bléift nieft den elektronesche Medien ëmmer nach d'Revue musicale. Sie ass fënnf Mol publizéiert ginn am Joer 2025, am Mäerz, Juni, Juli, Oktober a Dezember.

Internationalen Engagement

D'UGDA bléift nieft hirer Missioun zu Lëtzebuerg weiderhin international engagéiert. Mir si Member an der UMI, der Union musicale interregionale, dem CIOFF, a wat d'Museksschoul ugeet der European Union of Music Competitions for Youth / Europäische Union der Musikwettbewerbe für die Jugend (EMCY).

Wéi gesäit eis Zukunft aus?

Sinn eis Veräiner a Gefor? Et ginn der ëmmer manner an et feelt eis u Jonken.

De Generalsekretär Marc Thill huet an eng aner Funktioun, déi hien an der Agence du Benevolat huet, engem landeswäite Gremium den sech just ëm de Benevolat bekëmmert a wéi mir den zu Lëtzebuerg erhalen a verstärke kënnen, am zweete Semester 2025 un e puer internationale Konferenzen zu dësem Thema Deel geholl.

Heiansdo huet een d'Gefill huet dass et zwee verschiddene Welte ginn a deene mir haut liewen.

Mir erënneren eis, d'Veräiner waren 2023 net besonnesch frou iwwert dat néit Asbl-Gesetz a seng ustrengend Suitten, Reforme vun de Statute, nei Reegelen deelweis eng aner Comptabilitéit, all Joer Umellen a Dépôt vum Kont am RCS. Wann d'Veräiner net frou waren, sou ass bei deene Konferenzen awer opgefall dass déi meescht Leit déi do waren sech ganz zefridde gewisen hunn iwwert dëst Asbl-Gesetz.

Et bréngt méi Uerdnung, endlech ginn d'Forme respektéiert,

Transparenz am internationalen Ëmfeld ass wichteg fir Lëtzebuerg, war déi allgemeng Meenung. Et ass awer sou, dass vill Leit déi op dëse Konferenze waren, keng "richteg" Veräinsleit waren.

Wéi huet de Reinhard May gesongen "Über den Wolken". Jo, Uerdnung muss sinn, Gesetzer musse respektéier ginn.

Awer Keen vun eis ass an ee Veräi gaange fir Comptabilitéit ze maachen. Keen vun eis wollt Administrateur vun eppes si wou mir d'Virgäng kaum nach iwberblécke kënnen. Nee, d'Leit an de Veräiner vun der UGDA wëlle Musek maachen, sangen, tanzen oder Theater spillen.

Aus den EU-Direktiven si Gesetzer ginn, déi international gebraucht goufe soss wier et aus verschiddene Grënn Lëtzebuerg mei schlecht ergaang. Kee vun eis wëll dass et Lëtzebuerg schlecht ergeet. Mir sinn déi Veräiner aus Lëtzebuerg. Et ass eis Heemecht, mir sinn een Deel vu Lëtzebuerg.

Leider ass dat net alles, donieft schafft d'EU-Kommissioun weider um Dateschutz (RGPD), um Ëmsetze vun der sougenannter NIS-2 Direktiven déi fir mei Resilienz am Datentransfert suerge soll, an u neie Richtlinnen an der Cybersecuritéit, déi och fir d'Veräiner gëllen. Mir wëllen dach nëmme Musek spillen, wie mécht eis dat alles?

Mir sinn hei wäit ewech vun der Realitéit wéi mir se kënnen a wéi mir se eis wënschen an eise Veräiner. Mir sinn net all déi Genien déi dat do sou niewelaanscht maachen. Handelt et sech hei ëm Kommunikatiounsproblemer oder feelt et u Respekt?

Am Comité vun engem Veräin ze sinn ass hautdesdaags bal sou ustrengend wéi ee klénge Business ze hunn. An da sollen d'Veräiner nach nei Leit fannen a solle Jonker begeeschtere, déi scho genuch mat Beruff a Privatliewe geplot sinn. Wéi kann dat goen?



De Generalsekretär Marc Thill stellt fest, et muss en op d'Veräiner oppassen, hinnen aus dëser Situatioun raus hëllefen. Wien kann dat maachen? Ass dat net d'Roll vun de Federatioune, mee si kämpfen oft mat de nämmlechte Problemer a kréien dobäi kaum nach hire sportlechen oder kulturelle Programm fäerdeg.

An der Belsch ass d'Situatioun nach méi komplex, do hunn se mëttlerweil eng onofhängeg Instanz tëscht de Federatioune, de Veräiner an déi ëffentlech Institutioune geschalt. Verbänn a Veräiner kréien Hëllef bei de Formalitéite fir sech besser op hir Aktivitéite konzentréieren ze kënnen.

De Generalsekretär Marc Thill gesäit doran d'Zukunft fir d'Veräinsliewen zu Lëtzebuerg. Eng zentral Ulafstell, een Interface, een Haus vun de Veräiner dat sou Problemer léise kann.

Wann d'Welt dann sou komplizéiert ginn ass, da sollen d'Veräiner bei de Formalitéiten déi entspreichend Hëllef kréien. Mir kënnen net Alles - awer zesumme kënnen mir Villes!

Den Aktivitéitsbericht 2025 ass eestëmmeg vum Kongress ugeholl ginn.

Rapport financier 2025

Eng lëscht Kéier huet de Generaltresorier Joe Heintzen, den an dëser Funktioun wëll ophalen a rëm Member am Verwaltungsrat wëll ginn, dunn de Bilan 2025 vun der UGDA a vun der UGDA-Musekschoul präsentéiert.

Virop huet de Joe Heintzen seng Kolleegen am Exekutiv-Büro, wéi am Verwaltungsrat vun der Federatioun a vun der Musekschoul Merci fir dräi interessant Joer gesot. Ee besonnesche Merci ass un d'Personal vun deenen zwee Instanze gaang.



Beim Kont vun der Federatioun sinn d'Recettë mat 1.400.000 Euro ronn 23.000 Euro méi héich wéi se am Budget virgesi waren. Zwou Zuele spillen hei eng wichteg Roll, éischters beim Concert commémoratif waren d'Recette knapp 9.000 Euro mei héich wéi erwaart. A genee sou war et bei den Donen fir d'UGDA selwer wou ëm déi 10.000 Euro méi wéi erwaart era komm sinn.

Ëmgedrëit ginn et awer och Poste wou manner erakomm ass wéi am Budget erwaart. Dat war beispillsweis de Verfall vun den Zënsen, wou ronn 8.000 Euro manner ra komm sinn. Déi zwou héchste Recettë bléiwen d'Cotisatioune vun de Membere mat 152.000 Euro, an den alljäreche Subsid vum Kulturministère vu ronn 500.000 Euro. Heifir e grouse Merci!

Depensë vun 1.271.000 Euro si méi héich ausgefall wéi erwaart. Dat ass haaptsächlech wéinst der Depense vu ronn 30.000 Euro fir den obligatoreschen Audit, de vun elo un all Joer wäert ufalen. Dat huet den Iwwerschoss vun 166.000 Euro op 133.000 Euro reduzéiert.

Am grouse ganze kann een zeréckbehalen, dass d'Federatioun finanziell stabil do steet, dass mir net brauchen op Reserven zeréckzegräifen, an dass all eis Aktivitéite kënnen stattfannen, wéi geplangt. Um 31. Dezember 2025 stoungen op de Konte vun der UGDA 1.251.000 Euro.

Bei den Zuele vun der Musekschoul ass den Exercice financier ausnamsweis op aacht Méint reduzéiert. Dat heescht et sinn d'Zuele vum 1. Januar bis den 31. August 2025. Dës Modifikatioun vum Exercice financier ass gemaach gi fir de Bilan vun der Musekschoul am nämmechten Takt ze hu wéi d'Schouljoer, wat ëmmer am September ufänkt.

An der Konsequenz dauert de Budget 2025/2026 iwwert Periode vum 1. September 2025 bis den 31. August 2026, also iwwert ee vollt Joer.

An der Sektoun 1 vum Bilan vun der Musekschoul stinn d'Fraisen a Relatioun mam Fonctionnement. Do ginn d'Recetten déi vun den affiliéierte Gemenge bezuelt gi comptabiliséiert. Depense sinn hei souwuel d'Paie vun de Chargéeën de cours, wéi och d'Paie vum administrative Personal.

D'Zuelen si mat ronn 15.700.000 Euro Recetten, respektiv 15.100.000 Euro Depensé méi kleng wéi gewinnt, well se bezeien sech just op déi éischt aacht Méint vum Joer 2025.

Ongewinnt ass och den Iwwerschoss vu ronn 565.000 Euro. Eng Zomm déi an d'Berechnung vum Stonnepräis fir Coursen am Schouljoer 2025/2026 mat agefloss ass, sou dass am Budget 2026 an der Sektoun 1 ee Solde vun 0 Euro wäert stoen.

An der Sektoun 2 wou Stagen a Seminairë gebucht ginn, steet een Iwwerschoss vu ronn 101.000 Euro. De wäert dann awer och an dësem Schouljoer rëm verschafft ginn. Dës Stagen a Seminaren, déi reegelméisseg stattfannen, sinn nieft de Musekskursen ee wichtegt Mëttel fir de Schüler a Schülerinne vun der Musekschoul gemeinsam musikalesch Aktivitéiten ze offrëieren.

An der Sektoun 3 steet de Concours jeunes solistes. Een international héich unerkannte Concours fir déi Jonk, de lëscht Joer den 23. November am CAPE zu Ettelbréck organiséiert ginn ass. Dësen Datum bedeit dass am gekierzten Exercice financier,

de bis den 31. August 2025 gaangen ass, guer kee Concours jeunes solistes u sech selwer comptabiliséiert konnt ginn. Dat negatiivt Resultat vu ronn 6.600 Euro bezitt sech op Recetten an Depensen déi am Virfeld vun dësem Concours an den éischten aacht Méint vum Joer erfall sinn.

Den totalen Iwwerschoss vu 660.000 Euro, wier bei engem Exercice financier den iwwer ee ganzt Joer gaange wier, net de Fall gewiescht. Dësen Iwwerschoss gëtt am Schouljoer 2025/2026 ongebraucht.

Bei der Fondatioun Ordre Européen du Mérite Musical ware just 805 Euro Depensen an et stoungen um 31. Dezember 2025 nach ronn 56.000 Euro um Kont zur Verfügung.

Dës Zuele vum Joer 2025, goufen der Fiduciaire, dem Auditeur an de Vérificateurs des comptes presentéiert.

Den Detail vun de Konten krut den UGDA-Verwaltungsrot a senger Sitzung vum 20. Januar 2026 schrëftlech virgeluecht.

D'Fraise vum detailléierten Audit si schonn erwäant ginn. Dësen Audit ass vun der Auditeursfirma BDO duerchgefuert an d'Resultat ass duerno virgeluecht ginn.

Den Audit vum Joreskont 2025 gouf am Aklang mat den internationalen Norme fir Audite duerchgefuert. Dës Norme goufe fir Lëtzebuerg vun der Commission de Surveillance du Secteur Financier ugeholl.

D'Zil vum Audit duerch BDO ass, Aarbechten a Kontrollen duerchzeféieren, déi drop ausgeriicht sinn, eng fondéiert Meenung kënnen doriwwer ofzeginn, ob de Joresofschloss a wesentleche Punkten am Aklang mat de gesetzlechen a reglementaresche Verpflichtungen am Zesammenhang mat der Virbereedung an der Presentatioun vun de Joresofschlëss zu Lëtzebuerg opgestallt gouf.

Laut dem Avis vun BDO gëtt de virleiden Joresofschloss e richtegt a korrekt Bild of, vun der finanzieller Lage (vun der Musekschoul bis den 31. August 2025) a vun de Resultater fir d'Geschäftsjoer, dat zu deem Datum ofgeschloss gouf. Den Avis vum Audit gouf ofschléissend vum President a vum Generaltresorier ënnerschriwwen.



Béides stoung am Aklang mat de gesetzlechen a reglementaresche Verpflichtungen am Zesummenhang mat der Opstellung a Presentatioun vun de Joresofschlëss, déi zu Lëtzebuerg Gültgeeket hunn.

Rapport vun de Keeserevisseure

D'UGDA huet decidéiert trotz all deene Kontrollen hir Keeserevisseure bäizebehalen. Den Emile Noesen huet dofir am Numm vun de Keeserevisseuren dem Generaltrésorier eng gutt an exakt Aarbecht zertiféiert. De Rapport financier 2025, ass duerno eestëmmeg vum Kongress ugeholl ginn.



Walen

D'Joer 2026 ass ee Waljoer, wou d'Gremie vun der UGDA nei besat kënnen ginn. Fir alleguer vun dëse Poste stoung awer jeeeweils ni méi wéi ee Kandidat zur Verfügung. De Kongress war dofir eestëmmeg domat averstan per Acclamatioun iwwer déi eenzel Kandidaturen ofzestëmmen.

Am Exekutiv-Büro si bestätegt ginn:

André Heinen, President,
Emile Krier, Vize-President,
Roger Roulling, Vize-President,
Marc Thill, Generalsekretär,

a nei an den Exekutiv-Büro gewielt ginn ass Jean-Luc Engler, Generaltrésorier.

Am Verwaltungsrout vun der Federatioun si bestätegt respektiv nei gewielt(*) ginn:

Adèle Donven-Rossetti; Georges Engel; Jean Ewen; Simone Fischer-Schartz; Joe Heintzen*; Claudine Kettel; Patty Köhnkow; Marc Mertz*; Pol Michels.



De Joe Heintzen hält a senger Funktioun als Generaltrésorier op an integréiert rëm als Member de Verwaltungsrout vun der Federatioun.

Am Conseil d'arbitrage si bestätegt ginn:

John Düsseldorf & Alain Kugener.

An d'Kommissioun vun de Vérificateurs des comptes ass bestätegt ginn: Norbert Classen.

Als UGDA Delegéiert sinn ugeholl(*) oder bestätegt ginn:

Isabelle Boultingen; François Georgen; Romain Henrion; Monique Krummes-List; Angèle Michels-Unsen; Mireille Mulheims*; Myriam Roettgers-De Rond; Jean Schammo; Bernd Uehlein; Manuela Wiseler; Monique Zeimet-Schroeder.

Programm vun den Aktivitéiten 2026 a Programm pluriannuell

No dësem, Punkt huet de Generalsekretär Marc Thill de Programm vun den Aktivitéite vum Joer 2026, zesumme mam Programm pluriannuell bis an d'Joer 2030, virgestallt.

UGDA Kongress

Den 163ten UGDA Kongress war de 25. Januar 2026 am Centre culturel "Machera" vun der Stad Gréiwemaacher. De Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg ass wéinst Émbauarbechte fir e puer Joer net disponibel. Dofir ass och fir de Kongress vum Joer 2027 och de Centre culturel "Machera" ugefrot ginn.



Theaterprojet

Den UGDA-Theaterprojet, den d'Form vun engem Concours sollt kréien huet leider missen ofgesot ginn, well net genuch Kandidaten sech gemellt haten.

Nationale Concert 2026 vun den Harmonien a Fanfare

Den nationale Concert vun den Harmonien a Fanfare wäert dräi Mol gespillt ginn, eng Kéier zu Tandel, dann zu Colmar-Bierg a schliisslech zu Schoos. Dëst Konzept ass bei der Zesummenaarbecht vun de Museke vu Baastenduerf, Colmar-Bierg a Noumer entstan an erméiglecht et sou méi Leit mat dësem flotte Concert ze erreechen. D'Concerte sinn de 9. Mee, de 6. Juni an de 13. Juni 2026.

Nationale Concours fir Blossmusiken

Den Nationale Concours fir Blossmusiken, de schonn 2025 verluecht ginn ass an den hätt sollen de 14. a 16. Mee 2026 zu Leideleng organiséiert ginn, huet leider missen ofgesot ginn. Et waren net genuch Kandidaturen do fir ee Concours ze organiséieren.

UGDA Museksdag

Den UGDA Museksdag wäert och de 14. Juni 2026 rëm op dem Knuedler (Place Guillaume II) an der Stad sinn. Den UGDA Museksdag gëtt mat der frëndlecher Zesummenaarbecht an Ënnerstëtzung vum Service Espaces publics, fêtes et marchés vun der Stad Lëtzebuerg organiséiert.

Médailles gouvernementales et fédérales, "Sociétés à l'étranger"

D'Iwwerrechung vun de Medaile vum Gouvernement a vun der Federatioun wäerten am Mount Juni 2026 zu Bartreng am Centre Atert sinn. Hei ginn dann och déi finanziell Ënnerstëtzungen aus dem Programm "Sociétés à l'étranger" iwwerreicht.

Defilé non-militaire

Den Defilé non-militaire ass natierlech op National Feierdag an der Stad Lëtzebuerg. D'UGDA wäert am Joer 2026 duerch d'Museksgesellschaften aus der Gemeng Käerjeng vertruede sinn.

Jugenddag

Den 11. Oktober 2026 ass den UGDA Jugenddag, organiséiert vun der Harmonie Habscht. Et gëtt ee faarwege Programm mat Workshopen an engem Zesummespill vun de Jonken ugebueden. Am Virfeld ass dorop opgepasst ginn, dass de Jugenddag mat de Festivitéite vun der Journée commémorative, déi jo och de Weekend wäert sinn, laanscht en ee kommen.

Rendez-vous vun de Mandolinnen an de Gittare

Am Joer 2026 wäert et och rëm ee Rendez-vous vun de Mandolinnen an de Gittare ginn. Organiséiert gëtt dëse flotten Termin den 18. Oktober 2026 vum Cercle des mandolinistes zu Beetebuerg.

Regionalversammlungen

Zum Ofschloss vum Joer 2026 wäerten dräi Regionalversammlungen organiséiert ginn, de 7. Dezember zu Lëntgen (Fanfare Lëntgen), den 10. Dezember zu Groussbus (Groussbus-Waler Musek), den 13. Dezember zu Rodange (Harmonie Rodange-Lamadelaine).

Revue musicale

Véier Mol wäert d'Revue musicale am Laf vum Joer 2026 publizéiert ginn, am Mäerz, Juni, Oktober a Dezember. Datume wou d'Artikele fir dës Publikatiounen mussen an der UGDA Redaktioun sinn, sinn de 6. Februar, de 5. Mee, de 15. September an de 6. November 2026.

Programm pluriannuell 2026 - 2030

D'Joer 2026 ass am Detail beschriwwen ginn. An de Joren 2027 bis 2030 wäerte selbstverständlech rëm déi Manifestatiounen organiséiert ginn, déi feste Bestanddeel vum UGDA-Kalenner sinn, wéi de Kongress mat der Generalversammlung vun der UGDA-Mutuelle, de Nationale Concert fir Harmonien a Fanfaren, den UGDA Museksdag, d'Remise des Médailles gouvernementales et fédérales, den Défilé non-militaire, an den UGDA Jugenddag.

Am Joer 2027 ass dann den Europäesche Concours fir Harmonien, Fanfaren a Brass Bands an der Philharmonie. De Concours gëtt ëm eng Nationaldivisioun erweidert. Des weidere si fir 2027 eng Journée nationale des Big Bands, den Akkordeonsdag, eng Folklore-Manifestatioun an ee Sängerdag virgesinn.

Fir d'Joer 2028 ass een Europäesche Concours fir Big Bands geplangt. No 2026 soll dann do och rëm ee Rendez-vous vun de Mandolinnen an de Gittaren organiséierte ginn.

Am zwee Jores Rhythmus gëtt Journée nationale des Big Bands an den Akkordeonsdag organiséiert. An dësem Kontext sinn déi zwou Manifestatiounen da fir d'Joer 2029 virgesinn.

Genee sou ass et mat dem Nationale Concours fir Harmonien, Fanfaren a Brass Bands, den zwar leider e puer Mol ausgefall war, dem Rendez-vous vun de Mandolinnen an de Gittare. Dës Manifestatiounen si fir 2030, zesumme mat engem Sängerdag op e Neits rëm virgesinn.

Règlement vum Europäesche Concours 2027 mat Division Nationale

Am Joer 2027 gëtt den Europäesche Concours fir Harmonien, Fanfaren a Brass Bands an der Philharmonie um Kierchbierg an der Stad Lëtzebuerg organiséiert. De Concours besteet aus e puer Schwierigkeetsgraden, enger Concertdivisioun an enger Nationaldivisioun. Den Organisateur kann ee speziale Präis fir de beschte Lëtzebuerger Orchester iwwerrechen. Aschreiwungen si bis de 15. Januar 2027 méiglech.

De Kongress huet de Règlement fir den Europäesche Concours eestëmmeg ugeholl.



Budget 2026

De Generaltresorier Joe Heintzen huet de Budget fir d'Joer 2026 virgestallt. Fir d'Federatioun presentéiert sech dëse Budget mat Recettë vu ronn 1.400.000 Euro an Dépensë vu ronn 1.464.000 Euro, wat zu engem presuméierten negative Resultat vu 60.000 Euro féiert.

Dëst Resultat ass méi niddreg wéi et an de Regionalversammlungen ugekënnegt ginn ass. D'Ursach sinn zwee aussergewöhnlech, an dofir eemoleg Depense-Posten.

Éischtens kascht d'Etude mat der Uni Lëtzebuerg, iwwert déi schonn e puer Mol geschwat gouf, 30.000 Euro. Eng eemoleg Depense.

Zweetens geet de Comptabel vun der UGDA-Federatioun, de Carlo Köller, Ufanks 2027 an d'Pensioun. D'UGDA wäert fir déi



Group Travel Experiences

*Voyages en groupe
sur mesure.*

Pour plus d'infos
scannez ici!



Pour clubs, associations, écoles, entreprises ou
amis & familles...

Notre département groupes est à votre disposition
pour vous conseiller.

Département Groupes

Z.A. Reckschleed +352 35 65 75-300
L-5411 Canach groups@ew.lu

lescht 4 Méint vun dësem Joer schon ee Remplaçant sichen an engagéieren, fir d'Transitioun sécher ze stellen. Duerch déi duebel Besetzung klëmmt natierlech de Poste vun de Paien.

Am Programm vun den Aktivitéite fir 2026 ka festgestallt ginn, dass wéinst dem Feelen vu Kandidaturen zwou Aktivitéiten ewech gefall sinn. Decisioun den Theaterprojet ze annulléiere war schon 2025 geholl ginn, de steet net méi an dësem Budget dran. Decisioun fir kee Concours national ze organiséiere, ass réischt Ufanks 2026 geholl ginn, sou dass am Budget nach 15.000 Euro stinn, déi dann net gebraucht ginn, an den Defizit méi kleng maachen.

An der UGDA-Musekschoul dauert de Budget lo vum 1. September 2025 bis den 31. August 2026, also ee vollständeg Schouljoer.

An der Sektoun 1 vum Budget vun der Musekschoul sti Recetten an Depensé vu ronn jeeeweils impressionante 25.200.000 Euro. Domat gëtt de ganz Schoulbetrib finanziert. Hei bemierkt de Joe Heintzen dass hie während den dräi Jore wou hien an der Funktioun als Generaltresorier war, et als eng vu senger wichtigsten Aufgaben ugesinn huet dass d'Paien ëmmer pünktlech iwwerwise gi sinn.

An der Sektoun 2 stinn d'Stagen a Seminairë mat engem negative Resultat vun 8.000 Euro. Dëst soll awer kee Grund zur Beonrouegung duer stellen, well d'UGDA Schüler a Schülerinne kréien hei fir ronn 441.000 Euro wäertvoll Coursen an Aktivitéiten ugebueden.

An der Sektoun 3 vum Budget steet de Concours jeunes solistes. De Concours, den zanter zéng Joren eng Success-Story ass, wäert nees 2026 am CAPE zu Ettelbréck organiséiert ginn. Ee Concours den awer ronn 101.000 Euro kascht an dofir zu engem Minus vu knapp 23.000 Euro féiert.

De Budget 2026 vun der UGDA-Musekschoul schléisst mat engem Defizit vu ronn 30.000 Euro.

Dëst sinn alles Previsiounen, déi op Erfahrungswärter a Programmer berechent goufen, an déi an de leschte Jore quasi ëmmer gestëmmt hunn.

De Budget 2026 vun der Federatioun a vun der Musekschoul gouf eestëmmeg vum Kongress ugeholl.

Cotisations

Mat enger Participatioun un den administrativen Onkäsche vun 350 Euro pro Veräin, wou awer eng Bonifikatioun vu 55 Euro wann de Veräin un enger Regionalversammlung, a vu weideren 80 Euro wann de Veräin um Kongress Deel hellt, ofgehale gëtt, bléiwen d'Cotisations fir d'Joer 2026 onverännert. Och déi 8 Euro pro Member am Veräin iwwert dem Alter vu 15 Joer bleiwen onverännert.

Modifikatioun vum Reglement iwwert déi finanziell Ënnerstëtze vun der UGDA

D'Lëscht vun de Éiereschärpen déi d'UGDA hire Veräi bei engem besonnesche Stëftungsfest zoukomme léist ass mat den 125ten, 175ten, 225ten a 275ten Stëftungsfester komplettéiert ginn.

De Kongress huet des Modifikatioun eestëmmeg ugeholl.

Modifikatioun vum Reglement iwwert Distinctions honorifiques

D'Lëscht vun den Distinctions honorifiques vun der Federatioun, bestehend aus Medaile, Plaquetten, Auszeechnungen a Diplomer gëtt fir d'Personen déi 80, 85 oder 90 Joer Aktivitéit an de Veräiner opweisen erweidert. Dëse Persounen gëtt jeeeweils een "Diplôme de grande reconnaissance avec distinction" zougesprach.

De Kongress huet des Modifikatioun eestëmmeg ugeholl.

Iwwerrechung vun der UGDA Éiereschäp

Fir hiert 150zegst Stëftungsfest ass der Harmonie Municipale "Concordia" vu Réimech d'Éiereschäp symbolesch iwwerreicht ginn.

Ee Merci un déi verdéngschtvoll Membere vun der Federatioun

Ee grouse Merci an allen Éieren, am Numm vun all eise Veräiner, ass u sou muench verdéngschtvoll Personalitéite gaang.



No iwwer 25 Joer UGDA Erfahrung an alle méigleche Funktiounen an der Federatioun, an der Musekschoul, wéi och an der Mutuelle, ass de Robert oder de "Rob" Köller bal net méi aus musikalescher Landschaft fort ze denken.

De "Rob" huet muench Funktiounen, ugefaang vum Delegéierten, iwwer Member am Verwaltungsrat, Vizepresident a Generalsekretär an der Federatioun, wéi Generalsekretär a President vun der Mutuelle op sengem Aktiv verzechent.

Et kënnt dobäi dass de "Rob" als engagéierte Musikant, Dirigent a Member a verschiddene Folklorgruppen nach weider aktiv ass. De "Rob" ass awer och bekannt fir seng Iddie, oder seng Denkestéiss den hien der Federatioun heiansdo mat op de Wee ginn huet.

Sou war et zum Beispill seng Iddien aus dem nationalen UGDA-Concours, ee Concours fir Duerfmuseken oder fir Blossmusek ze maachen. Mat der néier Opmaachung ass de Concours méi populär ginn.

D'Chrëschtagsangen am Haff vun der Iechternacher Abtei ass ee vu senger rezenteste Projeten. No der laanger Zäit vum Aleng si während dem COVID, koum de "Rob" mat dësem Projet haaptsächlech fir eis Chorallen. D'Zill war d'Leit rëm zesummen ze bréngen a no gudder aler Manéier Chrëschtlieder ze sangen.

Lo verléisst de "Rob" d'Bün vun der UGDA. Mir sinn awer iwwerzeugt dass hien heiansdo wäert awer nach e bësse Musek spillen, well dat léist hien net lass.

Als Merci fir dat wat de "Rob" fir d'UGDA gemaach huet krut hien d'Plaquette d'honneur an den Titel als "Membre honoraire vum UGDA Verwaltungsrot".



Wann et eng Persoun gëtt, déi een net méi brauch virstellen, dann ass dat de Robert Weyland. Honorar-President vun der UGDA, zanter iwwer 80 Joer an alle méigleche Funktiounen bei der UGDA mat dobäi gewiescht.

D'Lëscht vu senge Funktiounen a vu senge Meritte fir d'UGDA, der Mutuelle an der Museksschoul ass laang. De Robert ass ee feste Bestanddeel vum Inventaire a et kéint een sech eng UGDA ouni hien net virstellen.

Fir Merci ze soe fir ee Liewen am Zeeche vun der Musek, 80 Joer Präsenz, virbildlechen Asaz, Komerodschaft a Schaffen am Sënn vun eisen Institutioune krut de Robert Weyland ee kleng Konschtobjekt mam "Diplôme de grande reconnaissance avec distinction" iwwerreicht.

D'Antoinette Hoschet war e puer Joer am UGDA Verwaltungsrot mat dobäi. D'Antoinette Hoschet war an dem Segment aktiv wou mir soss net sou vill Leit hunn, dem Folklore.

Fir säin Asaz gëtt d'Antoinette Hoschet "Membre honoraire vum UGDA Verwaltungsrot" genannt.

Jean-Paul Kinnen

De Jean-Paul Kinnen kann op eng laang Carrière am UGDA-Verwaltungsrot zeréck blécken.

Fir him Merci ze soe krut de Jean-Paul Kinnen den Titel "Membre honoraire vum UGDA Verwaltungsrot".



Wann et eng Hitparade vun den Delegatiounen géif, da géif d'Arlette Wagner-Heitz ouni grouss Konkurrenz un hirer

Spëtzstoen. Et ass net gelongen déi genee Zuel vun all den Delegatiounen ze zielen déi d'Arlette iwwert d'Jore gemaach huet, mee an de lëschten dräi Jore war d'Arlette ëmmer vir mat de Presenze bei de Veräiner. Dofir d'Veräiner wäerten seng frëndlech Presenz vermessen.

D'Arlette war net nëmmen Delegéiert oder Regional-Delegéiert wéi et fréier geheescht huet, nee hat huet och laang Zäiten d'Konte vun der Mutuelle mat kontrolléiert.

Fir säi virbildlechen Asaz iwwert all déi Jore krut d'Arlette Wagner-Heitz d'Titele "Déléguée honoraire" a "Vérificatrice honoraire des comptes" zougesprach.

Den Emile Noesen huet Joer fir Joer d'Konte vun der Mutuelle gewëssenhaft mat kontrolléiert. Kee weess wéi vill Zuelen den Emile Noesen dobäi gekuckt huet, mee hie wäert vu lo u feelen.

Als Merci krut den Emile Noesen den Titel "Vérificateur honoraire des comptes".



Dem Me Pierre Feltgen ass keng Stonn ze fréi a keng Stonn ze spéit wann et ëm d'Musek an ëm d'Uleies vun der UGDA geet. Nieft all de juristesche Rotschléi den hien der UGDA an eise Veräiner ginn huet, ass de Pierre Feltgen selwer ee passionéierte Museker a Trombonist.

Déi Zuel vun Dossieren op deenen de Pierre Feltgen scho mat der UGDA geschafft huet ass schonn net méi ze zielen. Do sinn aleng déi vill Statuten déi hien an de lëschte Jore verbessert a fir d'Veräiner ageschéckt huet.

Mam Accord vum UGDA Verwaltungsrot, an als Merci fir seng Disponibilitéit, fir seng Assistenz, a fir seng Gedold, ass de Me Pierre Feltgen an de Rang vum "Chevalier am Ordre Européen du Mérite Musical" genannt ginn.

De Fernand Diderich war laangjäregen Député-maire vu Colmar-Bierg. De Buergermeeschter ass natierlech ee wichtegen Uspriechpartner fir d'Veräiner a fir d'UGDA-Museksschoul.

De Fernand Diderich stoung all déi Zäit iwwer trei zur UGDA an zu hire Valeure. Säin Interessie war kloer a däitlech, all déi Joren iwwer konnt d'UGDA hien oft um Kongress begrëssen, fir d'éischt als Deputéierte, dunn a senger Funktioun als Député honoraire.

Fir Merci ze soe fir seng Treiheit ass de Fernand Diderich an de Rang vum "Chevalier am Ordre Européen du Mérite Musical" genannt ginn.

Usprooch vum Här Eric Thill, Kulturminister

De Kulturminister Eric Thill huet a senger Usprooch de Stellwäert vun der UGDA, enger 163 Joer aler Federatioun am Beräich vun der Kultur ënnerstrach. Sie ass nach ëmmer ee wichtege Partner an der Kulturzeen.

Diere stinn op fir den Dialog! 2026 soll een Aktiounsplang fir d’Kultur erstellt ginn. Eng vun de grouse Prioritéiten dobäi ass de Benevolat an d’Veräiner déi landeswäit solle weider ënnerstëtzt ginn. Och d’Subside Reglementer wäert duerch gekuckt ginn.

Wat d’Situatioun vun de Chorale ugeet do soll an Assise een État des lieux zesumme mam INECC erstellt ginn.

De Kulturminister felicitéiert dem Robert Weyland, den als Virbild mat Respekt an Engagement, bis lo 80 Joer laang am Déngscht vun der Musik stoung a schléisst of mat engem Merci un de President, de Büro an un de Verwaltungsrot vun der UGDA.

Usprooch vum der Madamm Monique Hermes, Buergermeeschtesch vun der Stad Gréiwemaacher

An hirer Usprooch erkläert Madamm Buergermeeschtesch d’Bedeutung vum Wuert “Machera”, wat de Numm vun der

éischter erkennbarer Siidlung un der Réimerstrooss war, déi den Ursprung vu Gréiwemaacher ausmëschet.

D’Uertschaft ass zanterhier gewuess an zielt haut ëm déi 5.287 Awunner mat ville Veräiner aus de Beräicher vu Sport a Kultur. Et si Veräiner mat Traditioun wéi d’Harmonie Municipale Gréiwemaacher, der Chorale Municipale Gréiwemaacher, oder de Muselfenkelcher. Veräiner déi ee Merci verdéngt hu fir ëmmer mat dobäi ze si wann eppes lass ass am ëffentleche Liewen.

Mat engem flotten Zitat vum Goethe invitéiert Madamm Buergermeeschtesch op een Éierewäin offréiert vun der Stad Gréiwemaacher.

Clôture vum Kongress a Sange vun der “Heemecht”

D’Märeler Big Band huet nach e puer Stécker gespilt, ier mam Sange vun der “Heemecht” den 163ten Kongress vun der UGDA zu Enn gaangen ass.

Duerno gouf zum Ofschloss een Éierewäin offréiert vun der Stad Gréiwemaacher, an ee Cadeau gestëft vun der Assurance LaLux, dem offizielle Partner vun der UGDA.

Déi optimal Plaz fir Äre Concert ze weisen

Begeeschert e breede Public iwver **POP TV, Eltrona a Visual Online**, souwéi um **Smartphone, Tablet** an **PC**, mat enger professioneller Video-Produktioun vun apart TV.

✉ info@apart-tv.lu ☎ 26 37 44 37

Modern Technik - Flexibel Emsetzung - Mier Visibilitéit fir Äre Verdäin

apart TV
lifestyle, business and culture

Äre Sound. Är Bühn. Äre Moment.



Soutenez les activités de la fédération

- **Comité d'honneur**
- **Comité de patronage**

Avec la collaboration de ses 265 associations-membres et de ses autres partenaires culturels, notre fédération organise à nouveau en 2026 un grand nombre d'activités traditionnelles pour promouvoir la musique chorale et instrumentale sur l'ensemble du territoire luxembourgeois et au-delà (UGDA-Museksdag, Rendez-vous des mandolines et guitares, Journée des Jeunes, Concert national des Harmonies et Fanfares).

Au cours de l'année 2026, l'UGDA lance également une étude en collaboration avec l'Université du Luxembourg pour analyser l'état des orchestres à vent.

Comme la réalisation de ce programme d'activités et de l'étude repose en grande partie sur le soutien de partenaires institutionnels et privés, nous nous permettons de faire appel à votre générosité pour soutenir nos activités par le

versement d'un don selon l'une des formules proposées suivantes :

- **en adhérent au Comité d'honneur (à partir de 25 €),**
- **en adhérent au Comité de patronage (à partir de 50 €)**

Le don déductible est à verser sur le compte de l'UGDA:

CCPL LU10 1111 0043 0032 0000

avec la mention correspondante « don activités UGDA ».

Les dons versés à l'UGDA sont déductibles au titre de dépenses spéciales dans les limites prévues par la loi concernant l'impôt sur le revenu. Le certificat afférent vous sera transmis automatiquement.

Tous nos donateurs et sponsors seront publiés dans la brochure du Congrès 2027 de l'UGDA avec la rétrospective de toutes les activités de 2026.

**SISPLO
PARC HOUSBEN**

**Loscht op e Musek Stage
an eiser Jugendherberg?
Mir bidden déi perfekt
Plaz!**

Mëllt Iech
+352 92 95 98 700
✉ centre.ecologique@sispolo.lu
www.sispolo.lu
f <https://ce.sispolo.lu>



Dräi Museken, eng Harmonie

*Et spillen e Frëndschaftsconcert zesammen an engem
Ensembel*



- **09.05.2026 um 19.30 Auer zu Tandel
an der Sportshal**
- **06.06.2026 um 19.30 Auer zu
Colmer-Bierg am Centre Culturel**
- **13.06.2026 um 19.30 Auer zu Schous
am Centre Culturel "Op der Héicht"**



avec l'appui financier du Ministère de la Culture :

Principales actions 2026

Date	Activité culturelle	Lieu	Partenaire
25.01.2026	56e Assemblée générale de la Mutuelle et 163e Congrès fédéral	Centre Culturel Machera, Grevenmacher	Commune de Grevenmacher
17. — 19.04.2026	UGDA Theaterprojet 2026	Festsall, Sanem	Theaterfrënn Bieles
09.05.2026	Concert national des Harmonies et Fanfares	Tandel	Baastenduerfer Musik, Harmonie Grand-Ducale Orania Colmar-Berg, Museksfrënn Gemeng Noumer.
14. & 16.05.2026	Concours national UGDA pour orchestres à vent	Leudelange, Centre Culturel « An der Eech »	Leidelenger Musek
06.06.2026	Concert national des Harmonies et Fanfares	Colmar-Berg	Baastenduerfer Musik, Harmonie Grand-Ducale Orania Colmar-Berg, Museksfrënn Gemeng Noumer.
13.06.2026	Concert national des Harmonies et Fanfares	Schoos	Baastenduerfer Musik, Harmonie Grand-Ducale Orania Colmar-Berg, Museksfrënn Gemeng Noumer.
14.06.2026	UGDA-Museksdag	Place Guillaume II	Commune de Strassen
(Luxembourg-Ville)	Service EFM / Ville de Luxembourg	Luxembourg-Ville	État-major de l'Armée
17.06.2026	Remise de distinctions gouvernementales et fédérales et des prix « Sociétés à l'étranger »	Centre Atert Bertrange	Commune de Bertrange
23.06.2026	Défilé non-militaire à l'occasion de la Fête nationale : Musiques de la Commune de Bascharage (Bascharage, Hautcharage, Clemency)	Luxembourg-Ville	État-major de l'Armée
11.10.2026	Journée des Jeunes	Hobscheid	Habschter Musek
18.10.2026	Rendez-vous des mandolines et guitares	Bettembourg	Cercle des Mandolinistes Bettembourg

Date	Assemblée régionale	Lieu	Partenaire
07.12.2026	Assemblée régionale 1	A Mouschelt, Lintgen	Fanfare Lintgen
10.12.2026	Assemblée régionale 2	Salle des fêtes, Groussbus	Groussbus-Waler Musek
13.12.2026	Assemblée régionale 3	Rodange	Harmonie Rodange-Lamadelaïne

Date	Revue Musicale	Date de clôture	Thèmes principaux
09.03.2026	N° 1	06.02.2026	Rapport du Congrès fédéral, à définir
08.06.2026	N° 2	05.05.2026	UGDA Museksdag, activités été, rétrospective
12.10.2026	N° 3	15.09.2026	Concours pour orchestre à vent, Remise gouvernementale
30.11.2026	N° 4	06.11.2026	Activités automne/hiver, rétrospective Journée des Jeunes, Assemblées régionales / Congrès fédéral 2026



Bëps Tipps

*De Solfège, eng Formation Musicale?
Le Solfège, une Formation Musicale ?*

Text : Léopold WINANDY

www.bepwinandy.lu

Et huet emol e Museker mer gesot: "Ech verstinn net, datt déi Schüler, déi aus de Länner kommen, wou et kee Solfège gëtt, allgemeng besser sinn ewéi eis Schüler mam Solfège".

Dat ass net verwonnerlech. D'Schüler ouni Solfège léieren d'Nouteschrëft mat alle Virzeechen an Informatiounen an der Praxis mam Instrument, direkt mat dem richtege Klank. Si kënnen séch d'Noutebild besser virstellen, verstoen a reproduzéieren. Eis Schüler léieren dat weder am Solfège well mer alles an **Do-Majeur ouni Virzeeche solmiséieren**, nach am Instrument, well de Solfège en eegestännegt Fach gouf ouni Bezuch zur Praxis an d'Instrumentalprofesseren dervun ausginn, datt de Schüler schon alles am Solfège geléiert muss hunn an hien séch dorëm net méi ze këmmere brauch!

Dat gouf mer an de 25 Jor, wou ech Coursen zu Innsbruck gehalen hat, bestätegt. D'Schüler hunn erstaunlech gutt vum Blat gelies a gespillt, ouni Solfège! Si haten all e gutt musekalescht Gediechnës a ware musekalesch gebild. Duerch dëse Jorelange Kontakt zou enger anerer Léierstruktur hunn ech e ganzt anert Bild vun eisem Solfège kritt an hu festgestallt, datt **eise Solfège an deer bekannter Form net dat Wonnerwierk ass, fir dat mir et halen**.

Dach sinn ech voll der Iwwerzeugung, datt de Solfège, esou wéi de **Zoltàn Kodàly** sot, eng gutt Institutioun ass, wann se richteg no **de Regele vun der Pédagogie a praxisorientéiert ass**.

**D'Musekschrëft sängen a schreiwen an
eng Sprooch an hier Schrëft beherrsche léieren
ass dat Selwecht, e Verglach.**

D'Schrëtt bei der **Sprooch** :

- D'Form an de Klank vun de Buschtawen,
- D'Wierder, hire Klank an hir Bedeitung,
- D'Säz mat hire Sazzeechen, hirem Klank, hirer Bedeitung/hirem Sënn.

D'Orthographie regelt Schreiw vum der Sprooch.

D'Schrëtt an der **Musek**:

- D'Plaz, de Numm vun de Nouten am Noutensystem an hire Klank.
- D'Intervalle mat de Virzeechen, hirem Klank an hir Funktiounen an den Tounaarten.
- D'Melodie mat hiren Zeechen, hirem Klank, hirem Ausdruck/Charakter/Sënn.

An der Musek kënnst niewend de Nouten am Liniensystem d'Léiere vum Rhythmus derbäi.



Photo : Wilfried Beege

Un musicien me disait : „Je ne comprends pas que les élèves des pays où il n'y a pas de solfège, sont généralement mieux formés que ceux de chez nous.“

Ceci n'est pas étonnant car ils apprennent la notation et leur sonorité avec tous les signes et informations pratiques en même temps que leur instrument. Ils ont une meilleure imagination et une meilleure compréhension de l'image de la notation. Nos élèves ne l'apprennent pas dans notre solfège parce qu'ils **solfont tout en do-majeur sans les altérations**. Ils ne l'apprennent non plus à l'instrument car le solfège est devenu une branche sans liaison avec l'instrument et les

professeur-es d'instrument supposent que l'élève a tout appris au solfège et qu'ils n'ont plus besoin de s'en occuper !

Cet état des choses me fut confirmé lors de mes 25 années de professorat à Innsbruck en Autriche. Mes élèves lisaient et jouaient très bien à vue, sans solfège ! Ils avaient une bonne mémoire et avaient une bonne culture musicale. Par ce contact avec une autre structure d'instruction, mon opinion sur notre solfège a bien changé et je devais admettre que **le solfège dans la forme connue n'est pas la merveille que nous lui attribuons**.

Je suis quand même de l'avis que le solfège est, comme **Zoltàn Kodàly** le disait, une bonne institution quand elle est organisée **selon les règles de la pédagogie et orientée vers la pratique**.

**Apprendre la notation musicale et
apprendre l'écriture d'une langue
est identique, une comparaison.**

Les pas de la **langue** :

- La forme et le son de la lettre,
- La forme, le son et le sens du mot,
- Les phrases avec les signes, avec leurs sonorités et leurs sens.

L'orthographie règle l'écriture de la langue.

Les pas en **musique** :

- La place, le nom de la note dans le système et sa sonorité.
- Les intervalles avec les altérations, leurs sonorités et leurs places dans les tonalités.
- Les mélodies avec les signes, leurs sonorités, leurs expressions/leurs caractères/leurs sens.

En musique s'ajoute, à côté des notes dans le système, l'apprentissage du rythme.

Déi verschidden Aspekter vun engem Begrëff.

An der **Primärschoul** gëtt d'Wuert an de Begrëff **"Apel"** geléiert:

1. D'Kand **léiert** d'Wuert, de Klank, wéi et ausgeschwat, geschriwwen an de Sënn dervun.
2. Wann d'Kand d'Wuert **"Apel"** **héiert**, muss et d'Wuert um Klank erëmerkennen, verstoen, sech virstelle kënnen wéi säi Sënn ass, wéi et ausgeschwat a geschriwwen gëtt.
3. Wann d'Kand d'Wuert **"Apel"** **gesäit**, muss et d'Bild dervun erkennen, sech de Klank mental virstellen an et ausschwatze kënnen.

An der **Musekschoul** gëtt den Intervall an de Begrëff **"sol-mi"** geléiert:

1. D'Kand **léiert** d'Bild an d'Plaz vum Intervall am Liniensystem, wéi e klénkt a wéi en ausgeschwat/gesongen/solmiséiert gëtt, wéi e geschriwwen an définéiert gëtt. D'Gefill an den Tounartleche Sënn gëtt entwéckelt am Zesammenhank mat den Intonatiouns-Übungen, déi et mat de Virzeeche* solmiséiert a mat de Melodien déi mat de Virzeeche geduecht ginn.
2. Wann d'Kand den Intervall **"sol-mi"** **héiert**, muss et en um Klank erëmerkennen, verstoen, sech e mental virstelle kënnen, wësse wou en an der Tounart steet, wéi e gesongen/solmiséiert gëtt a wëssen, wou en am Liniensystem steet fir en ze schreiwen.
3. Wann d'Kand den Intervall an enger Nouteschrëft **gesäit**, muss et d'Bild dervun erkennen, sech de Klank an d'Positioun an der Tounart mental virstelle kënnen a wëssen, wéi e gesongen/solmiséiert gëtt, fir en ze reproduzéieren.

*Wichtig bei der Solmisatioun ass d'Léieren, d'Virstellen an d'Intonéiere vun den Intervallen, Gammern, Dreikläng etc **mat dem Numm vun de Virzeechen**. Dat ka nëmmen mat Übungen ouni Rhythmus geléiert ginn, esou wéi dat an de Bicher **"Mir maache Musek - La musique sans larmes"** praktizéiert gëtt.

Dës 30 Bicher mat 1200 Klangbeispiller fir de Schüler a fir de Prof mat Pianobegleedungen, bidden e komplette Programm fir e Solfège/FM-Cours. Si vermëttelen dem Schüler d'Nouteschrëft esou, datt hien sech eng Partitur um Pabeier klanglech virstellen, verstoen an ouni Hëllef reproduzéiere kann (Robert Schumann¹), esou wéi e Lieser sech e geschriwwenen Text klanglech virstellen, e verstoen a liese kann.

Ech kéint mer 4-5 Joer e Musekschoul-Programm an 2 bis 3 Joer e Conservatoire-Programm virstellen, deen dann op den Harmonie-Unterrecht féiere géif!

Léopold Winandy
leopold.winandy@online.lu

Les différents aspects d'un terme.

À l'école **primaire**, on apprend le mot et le terme **„pomme“** :

1. L'enfant **apprend** le mot, sa sonorité, sa prononciation, son orthographe et le sens du mot.
2. Quand l'enfant **entend** le mot „pomme“, il doit reconnaître le mot à sa sonorité, le comprendre, l'imaginer mentalement, comprendre son sens, pouvoir le prononcer et savoir l'écrire.
3. Quand l'enfant **voit** le mot „pomme“, il doit reconnaître l'image du mot écrit, entendre mentalement sa sonorité et pouvoir le prononcer.

À l'école **de musique**, on apprend l'intervalle et le terme **„sol-mi“** :

1. L'enfant **apprend** l'image et la place de l'intervalle dans le système. Il apprend comment sonne l'intervalle et comment il est prononcé/chanté/solfié. Il apprend à l'écrire et le définir. Dans les exercices d'intonation, dans les gammes, qu'il solfie avec les altérations* ainsi que dans les mélodies qu'il solfie en pensant les altérations, il développe le sentiment et la place de l'intervalle dans les tonalités.
2. Quand l'enfant **entend** l'intervalle „sol-mi“, il doit le reconnaître à sa sonorité, le comprendre, l'imaginer mentalement, savoir le placer dans la tonalité, l'entonner/solfier et connaître sa place dans le système pour pouvoir l'écrire.
3. Quand l'enfant **voit** l'intervalle dans une partition, il doit reconnaître son image, entendre dans son for intérieur sa sonorité, savoir sa position dans la tonalité et le chanter/solfier pour le reproduire.

* Pour la solmisation, il est important d'apprendre, d'imaginer dans son for intérieur et d'entonner les intervalles, gammes, accords etc. **avec la prononciation des altérations**. Ceci est seulement praticable avec des exercices sans rythme comme on les trouve en pratique dans les livres **„Mir maache Musek - La musique sans larmes“**.

Ces 30 livres avec 1200 fichiers sonores pour l'élève et le prof avec accompagnements au piano, sont un programme complet pour un cours de solfège/FM. Ils transmettent la notation musicale de telle manière à l'élève, qu'il est capable de comprendre, d'entendre mentalement et de reproduire une partition à partir du papier (Robert Schumann¹) tel un lecteur imagine, comprend et li un texte écrit.

Je peux très bien m'imaginer un programme de 4 à 5 années d'École de musique et de 2 à 3 années de Conservatoire, qui préparerait les élèves au cours d'harmonie !

Léopold Winandy
leopold.winandy@online.lu

1 Robert Schumann, : *"Du musst es soweit bringen, dass du eine Musik auf dem Papier verstehst . . . "* - « *Tu dois réussir à comprendre une musique sur le papier . . .* » Musikalische Haus- und Lebensregeln. Faks. mit Überbr. u. Textabdr. / eingel. u. hrsg. von Gerd Nauhaus. Hg. v. Gerd Nauhaus. Sinzig : Studio (Schumann-Studien : Sonderband, 2) (2002).



L'École de musique de l'UGDA en un coup d'œil

Photos: J.M "Lupo" LUDOWICY • Viviane HEINEN • HYPE.lu • J.M "Lupo" LUDOWICY

Concours Jeunes Solistes

Le Concours Jeunes Solistes a enregistré une participation record lors de sa 41^e édition, organisée pour la première fois au Conservatoire du Nord à Ettelbruck, en novembre 2025.

Au total, 164 jeunes musiciennes et musiciens ont pris part au concours, témoignant du fort engagement et de l'intérêt croissant pour cette manifestation. Des informations détaillées sur les participantes et participants ainsi que sur les lauréats sont disponibles sur notre site internet.

En 2026, l'École de musique de l'UGDA organisera la partie européenne du concours, ouverte aux cordes et à la musique de chambre – cordes. Les épreuves nationales resteront quant à elles dédiées aux vents et au piano. Le concours se déroulera à Ettelbruck, le 22 novembre 2026.



Ces jeunes musiciennes, déjà expérimentées en soliste et en musique de chambre, ont offert un programme varié et ont offert au public un moment musical d'exception.

Le vendredi 13 mars 2026 à 12h30, l'Église Protestante de Luxembourg-ville accueillera le prochain Concert de Midi – Young Talents de l'École de musique de l'UGDA. Seront à l'honneur trois jeunes solistes : Karolina Butlere (trompette), lauréate du Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes 2023, 2024 et 2025, William Jochymski Haro (basson), lauréat du même concours en 2024 et 2025, ainsi que Warre Goubert (saxophone), lauréat du Concours pour Jeunes Saxophonistes à Dinant 2025. Ces jeunes talents continueront de mettre en valeur leurs compétences en soliste et en musique de chambre, promettant un moment musical captivant pour le public.



Concert de Midi – Jeunes talents

Le vendredi 28 novembre 2025 à 12h30, l'Église Protestante de Luxembourg-ville a accueilli le Concert de Midi – Young Talents de l'École de musique de l'UGDA. Trois jeunes solistes remarquables se sont illustrées : Charlotte Devitt (hautbois), lauréate du Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes 2024, Candice Diederich (flûte traversière), médaille d'or du même concours et finaliste de plusieurs concours internationaux, ainsi que Valérie Conter (saxophone), lauréate du Concours pour Jeunes Saxophonistes à Dinant 2025.

Remise des diplômes 2024 - 2025

Le samedi 7 février 2026, l'École de musique de l'UGDA a organisé sa cérémonie nationale de remise des diplômes au Convention Center du Kirchberg (Ville de Luxembourg), pour la troisième année consécutive. La cérémonie s'est tenue en présence du Ministre de l'Éducation, Claude Meisch, ainsi que de la Ministre de la Santé et ancienne présidente de l'UGDA, Martine Deprez. L'événement s'est déroulé sous le patronage de la Commune de Walferdange, et le mot de bienvenue a été prononcé par l'échevin et député Alex Donnersbach.

**VOTRE STYLE, VOS CHOIX.
NOTRE PROTECTION.**

**Découvrez
easyPROTECT Auto**



Plus de 400 élèves ont reçu leur diplôme. La remise a été animée par un groupe musical composé d'enseignants de l'École de musique de l'UGDA et de collaborateurs, ainsi que par des élèves. La band était composée de Veda Bartringer à la guitare, Julien Cuvelier au saxophone, Willian Fernandes au clavier, Ben Nilles au chant et à la trompette, Ben Weis à la guitare basse, et de Ben Weins à la batterie, élève de la classe de Monsieur Thorsten Muschiol.



European Union Youth Wind Orchestra 2026

L'European Union Youth Wind Orchestra (EUYWO) est un projet musical international qui vise à promouvoir de jeunes musiciennes et musiciens au niveau européen à travers l'interprétation d'un répertoire exigeant pour orchestre d'harmonie. Il réunit des talents de différents pays d'Europe pour un stage artistique intensif, combinant des répétitions en orchestre, des ateliers encadrés par des professionnels et des concerts publics.

La session EUYWO 2026 se déroulera du 25 octobre au 2 novembre 2026 à Vianden (Luxembourg) sous la direction du chef d'orchestre belge Yves Segers. Les jeunes musiciennes et musiciens vivront une expérience de formation musicale approfondie et d'échanges interculturels, ponctuée par plusieurs concerts publics.



NYWOL 2026

Le National Youth Wind Orchestra Luxembourg (NYWOL) réunit chaque année une soixantaine de jeunes musiciennes et musiciens âgés de 13 à 21 ans, issus de différents conservatoires, écoles de musique ou sociétés musicales du Luxembourg. Cet orchestre d'harmonie, organisé par l'École de musique de l'UGDA, offre aux jeunes talents une semaine intensive de répétitions sous la direction de professeurs expérimentés, suivie de concerts au Luxembourg et à l'étranger.

Pour la session 2026, les répétitions se dérouleront du 28 mars au 3 avril 2026 à Noer (Allemagne), avec au programme des répétitions en tutti, des ateliers par pupitres, des excursions et des concerts, notamment au Mierscher Theater le samedi 4 avril 2026 à 20 h.

Le NYWOL contribue à promouvoir la formation orchestrale des jeunes musiciens luxembourgeois, à travers l'interprétation d'un répertoire varié et des échanges internationaux, et représente une opportunité précieuse pour les élèves passionnés de développer leurs compétences musicales dans un cadre collaboratif et exigeant.



Stages 2026

Pour 2026, l'École de musique de l'UGDA propose une série de stages et ateliers musicaux destinés aux jeunes musiciens de différents niveaux et âges. Parmi ceux-ci figurent des stages de musique d'ensemble, de percussions, des bandweeks et des stages pour débutants, ainsi que des échanges européens et internationaux. Toutes les informations détaillées sur les stages et les dates sont disponibles sur la page dédiée : <https://www.ugda.lu/fr/ecole-de-musique/events>



3AYOTAN FESTIVAL

BARTRENG YOUNG TALENTS
23 APRIL - 06 MAY » 2K26

WHATS
YOUR
TALENT
?

Scan Me!



The way to prove yourself

FESTIVAL





ROSSINI STABAT MATER

VERDI
LA FORZA DEL DESTINO
OUVERTURE

MASCAGNI
CAVALLERIA RUSTICANA
INTERMEZZO

14 | 03
PHILHARMONIE

Choeur de Chambre de Luxembourg
European Academic Orchestra | Musique Militaire Grand-ducale
Inna Demenkova | Lilia Istratii | Joshua Sanders | Giorgi Chelidze
Conductor: Antonio Grosu

Tickets: www.philharmonie.lu (+352) 26 32 26 32 ; 65/55/45€, discount<30: 39/33/27€



SOCIÉTÉ DE MUSIQUE
ASPELT

Société de Musique Aspelt

Vill Aktivitéit bei der Uespelter Musek

Text : Uespelter Msuek | Foto : Bennis Schiltz Photography

www.uespelttermusek.lu



Hämmelsmarsch am November 2025

Wéi all Joer si mer nees Sonndes moies op der Kiermes duerch Stroossen vun Uespelt gezunn, an hunn den Hämmelsmarsch souwéi d'Kiermes gespilt.

Hierschtconcert ënnert dem Motto «More Classics»

Nodeems d'Uespelter Musek 2024 e grouse Succès mat hirem «Great Classics» hate, stoung 2025 den «More Classics» den 29. November 2025 op der Affiche. Mat engem ofwiesslungsräiche Programm huet d'Uespelter Musek de praktesch ausverkaafte Sall zu Fréiseng an der Hal begeeschtert. Ugefaangen huet de Jugendorchester ënnert der Leedung vum Albert Nimax mat e puer flotte Stécker wéi «Fanfare Brilliante», «La Furia», «Arabian Dances» an den «Banana Boat Song». Déi bal 40 Jugendlecher goufe mat engem net ophalenden Applaus belount.

Nom Wiessel op der Bün huet dunn de groussen Orchester seng Nouten opgeluecht. Hei huet hire Chef, den Albert Nimax, si dëst Joer besonnesch erausgefuert. Lass goug et mat der «Riverside Overture» gefollegt vun «Pandora's Box», «Sogno di Volare» an «Indiana Jones Selection».

Am zweeten Deel hunn d'Musikanten dunn nach follgend klassesch Wierker fir Harmonie virgedroen: «Fanfare for Korea», «Floating Flags», an «The Symphonic Gershwin», an zum Schluss krut de Publikum nach mat «It's a small world» en Querewuerm mat heem. Nodeems d'Nolauschterer hei kräfteg matgesongen haten, hunn si nach eng oder déi aner Zugab gefrot. Fazit: E gelungenen Owend wou jiddereen zefridde war, souwuel de Publikum wéi och d'Musikanten.

Chrëschtlieder um Chrëschtmaart an no de Kannermetten am Dezember

Wéi schonns e puer Joer huet d' Musek Chrëschtlieder fir d'Ouverture vum Chrëschtmaart zu Uespelt gespilt. Déi 3 Deeg goufen dann och fläisseg hausmaacher Kniddelen an Äppelbeignet'en gemaach a verkaf. De 24. Dezember huet e Blechbléiserensemble d'Kannermetten zu Uespelt an der Kierch ënnermoolt. Dono gouf vir e gudden Zweck (Sozialaktioun vum Parverband Fréiseng) Glühwäin a Schocki verkaaft. Och hei

hunn d'Musikanten nees Chrëschtlieder gespilt, a konnten déi vill Leit an déi richteg Chrëschtstimmung bréngen.

Generalversammlung 2025

Den 10. Januar war et un der uerdentlecher Generalversammlung fir d'Joer 2025. De President Pol Schiltz huet d'Vertrieder vun der Gemeng, vun der UGDA, vun den anere Veräiner an natierlech d'Musikante begréisst. Hien konnt op e gutt Joer 2025 zeréckkucken, an ass zouverlässeg dass et 2026 an 2028, wou d'Musek 125 Joer feiert, esou weider goe wäert. D'Sekretärin an den Tresorier hunn hir Berichter virgedroen, an hu gewisen dass bei der Uespelter Musek vill lass ass. De Gemengevertrieder Carlo Raus huet der Musek felicitéiert fir hir gutt Aarbecht, an huet Merci gesot, dat een sech op d'Uespelter Musek verlooosse ka wann si gebraucht gëtt. D'Vertriederin vun der UDGA, Mme DONVEN-ROSSETTI Adèle, huet och e puer Léif Wieder un d'Musek gericht an huet zesumme mam Carlo Raus a Pol Schiltz d'Jubilaren aus de Reie geéiert. Fir 5 Joer kruten d'Spéngel : Bernier Louise, Buchholtz Mia, Ernster Louis, Marques Lopes Carolina, Schwenck Lisa. Fir 10 Joer kruten d'Medaille en Bronze : Daems Juna, Schiltz Lili, Schiltz Lou. Fir 20 Joer kruten d'Medaille en Argent : Braun Jérôme, Viannay Nicolas. Fir 30 Joer kruten d'Medaille en Vermeil: Besch Nathalie, Daems Josephine. Fir 40 Joer krut d'Medaille en Vermeil avec Palmettes: Daems Edmée.

Den Owend goug matt engem gemittleche Maufel a Patt zu Enn.



**De Jugendensembel Da Capo
Musica vun der Walfer Musek
sicht en(g) engagéiert(en)
Dirigent(in)
fir spéitstens ab September 2026**

*Da Capo
Musica*

Eise Jugendensembel besteet aus ronn 25 jonke Musikantinnen a Musikanten, déi mat vill Motivatioun a Freed zesumme musizéieren.

D'Prouwe fanne freides vun 18h45 bis 19h45 zu Walfer statt.

Als Dirigent(in) hues du eng wichteg Roll:

Du begleets d'Musikanten an hirer musekalescher Entwécklung a schaafts eng harmonesch **Transitioun** vum Jugendensembel an déi grouss Musek. Nieft der musikalescher Aarbecht geet et eis och ëm Teamgeescht, Engagement a Freed um gemeinsame Musekmachen.

Wat mir eis wënschen:

- Freed un der Aarbecht mat Jonken
- Interessi um aktive Veräinsliewen
- Gutt Kenntnisser vun der **lëtzebuergerescher** Sprooch
- Motivatioun, Verantwortung ze iwwerhuelen an eise Jugendensembel weiderz'entwéckelen

Weider Informatiounen iwwer de Posten an den Orchester fénnst du op:

www.walfer-musek.lu

Intresséiert?

Da schéck deng Kandidatur bis spéitstens den **26.04.2026** un:
walfermusek@gmail.com

Mir freeën eis drop, zesumme mat dir d'Zukunft vum eisem Jugendensembel ze gestalten

Feelener Musek
inviteiert

GALA Concert

**März
14** | Direktioun
Patrick Kim Wilhelm

20h Sportshal Nidderfeelen
Fräien Entrée

D'Foulschter Musik an hir Jugendmusik
invitéieren op hire

Gala Concert 2026

**Sonndes,
08.03.**
17.00 Auer

**Samschdes,
14.03**
20.00 Auer

Solistinnen:
Anna Mergen & Liane Hurt

Centre Culturel
Foulscht

Direktioun: Laurence Steichen

Reservéiert wg.l. 4r Plazen um
Tel. 23 62 04 04

Per Mail:
gala2026@foulschtermusik.lu

Entrée: 12€/6€

PROGRAMM

JUGENDMUSIK:
Born To Be Wild
Mars Bonfire, arr. Robert Longfield

Disney's Magical Marches
arr. Eric Osterling

The Best of Queen
arr. Paul Murtha

Jubilee Ouverture
Philip Sparke

Claritmico
Jean-Paul Frisch
Solistinnen: Anna Mergen, Liane Hurt

Wonders of Nature
Bert Appermont

PAUS

Funiculi-Funicula
Luigi Denza, arr. Yo Goto

The Sound of Silence
Paul Simon, arr. James L. Hosay

Fluch der Karibik
Hans Zimmer/Klaus Badelt, arr. Guido Rennert

Danzón no. 2
Arturo Marquez, transcr. by Oliver Nickel



Philharmonie Préizerdaul

Caecilienfeier mat Éierung vun langjähriegen Musikanten am Préizerdaul

Text & Foto : **Charles REISER**



Di hëlleg Caecilia, Schutzpatrounin vun de Musikanten a Sänger gött all Joer och landesweit gefeiert. Och am Préizerdaul ass dest Joer am Kader vun enger Owendsmass, zelebriert vum Jacques Bagnoud desen Dag gefeiert gin. Fir den musikalischen Encadrement vun der Mass huet di Préizerdauler Musik gesuergt während den Ensemble Vocal Préizerdaul zum gesanglichen Deel vun deser Eucharistiefier beigederoen huet. Beim traditionellen Banquet op der Roudbaach huet de President vun der Préizerdauler Musik, Franz Hilger, drop gehaalen fir allen Musikantinnen a Musikanten mam Virstand a Leit di dat ganz Joer och benevol ganz aktiv waren, säin oprichtige Merci ausgesprach. Mat besonnescher Freed

konnt di nei Musikantin an zugleich och neie Member am Gemengerot, Triniane Esther, och häerzlich begréisst gin. Den neien Startmusikanten ass och vill Freed an Ausdauer bei der Musik gewünscht gin. De Jean- Paul Kinnen, als Delegéierten vun der UGDA huet d'Gléckwënsch vum Zentralcomité vum Verband, der Préizerdauler Musik iwerbruecht an hir an Zukunft mat hirer Jugend weiderhin zesammenhaalen a Freed mat schéiner Musik an der Gemeng mat op hire Wee gin. Weiderhin huet hien een Opruff gemeet fir sech an de Comité vun der UGDA ze mëllen fir an Zukunft di fräi Plaatzen och können nei ze besetzen. No sengen bäschten Gléckwënsch si folgend langjährig Musikantinnen a Musikanten mat UGDA-Auszeichnungen geéiert gin: de Félix Muller an d'Sarah Elslagodny hun eng „medaille de mérite“ en bonze fir 10 Joer ugespëngelt kritt. D'Vizepresidentin Carine Zuang an d'Jenny Lopes (entschëllegt), béid schon 20 Joer Musikantin, fir si gouf et eng „médaille de mérite en argent“. De Max Els ass fir 30 Joer an der Musik mat der „médaille de mérite en vermeil“ dekoréiert gin. De René Lanners schon zënter 40 Joer aktive Musikant ass mat der „médaille en vermeil avec palmettes“ geéiert gin. Schon 50 Joer laang ass d'Lucia Albergio bei der Préizerdauler Musik aktiv an ass mat der „médaille de mérite en argent Grand- Duc Adolphe“ ausgezechent gin. Am Numm vun der Gemeng Préizerdaul huet de Schëffen Fernand Müller der Préizerdauler Musik mat dene Geéierten di allerbëschte Gléckwënsch verbonnen mat engem grouse Merci fir d'Engagement iwerbruecht.

Ensemble Vocal
VIVACE



Ensemble Vocal Vivace

Generalversammlung bei Vivace

Text : **Marina SONNTAG** | Foto : **Steve MEYERS**

www.vivace.lu

De 4. Februar haat den Ensemble Vocal Vivace seng Generalversammlung. Mir sinn informéiert ginn, dass mir gudd Finanzen hunn, an goufen vum Buergermeeschter fir eisen Engagement an der Gemeng Käerjeng geluewt. Außerdem blécken mir op eng ereignisvoll Concertsrees a vill musikalesch Evenementer zeréck. Den Erléis vun engem vun dësen Evenementer, dem Songs of Charity geet un zwee Veräiner: CSI Lëtzebuerg Entwicklung duerch Bildung an Les Tandems de la Vue. Fir dëst Joer hu mir och schon vill schéin Evenementer, dorënner ee Concert an der Philharmonie, an Aussicht.



MERCI



HARMONIE HOLLERICH PRESENTS

ECHOES

OF

LIFE

Direction: Bastien LORGE

Gratuit <12 ans

Prévente 10 €

Caisse du soir 15 €

14.03.2026

20.00

Centre culturel Hollerich

34, rue Emile Lavandier

Harmonie Municipale Hollerich, Luxembourg-Gare, Cessange



Kanner- an Jugendtheater Artistekesch Käl

FKK um Forellenhaff

Text : **Caroline KLEIN** | Foto : **Artistekesch Käl**

www.artistekesch.lu

Am Mëttelpunkt vum lëschtgen Theaterstéck steet de Forellenhaff. D'Proprietärin wëll hire Betrib moderniséieren - mee dofir brauch si d'Baugeneemegung vum Buergermeeschter, deen net nëmme gären alles ënner Kontroll huet, mee och heiansdo e bëssen ze déif an d'Glas kuckt. Fir zousätzlecht Chaos suergen och: E net esou fromme Paschtouer, eng Kommissärin déi d'Wieder verdréint, eng Koppel um Neistart, e Goldfësch, eng verlafe Moss, e Kniecht mat engem feelenden Zant, en Dichter voll Poesie a Gefill – eng Mod déi hirem Häerz nogëtt.

Ligen, Mëssverständnisser an onerwaart Libesgeschichten suergen dofir, datt d'Situatioun séier aus dem Rudder leeft.

E flotten a lëschtgen Owend mat liewege Charakteren, d'Amicale vun der Artistekesch hat den 10. & 11. & 16 & 17. Januar nees véier gelongen Theaterowender.



Harmonie Klengbetten

Magesch Momenter beim Show-Concert vun der Harmonie Klengbetten

Text : **Jil THURMES** | Fotoen : **Harmonie Klengbetten**

www.hklib.lu




Mëtt November huet d'Harmonie Klengbetten op hire järeliche Show-Concert invitéiert, deen dëst Joer am Zeeche vun Disney stoung.

Samschdes owes huet d'Musek d'Publikum mat op eng musikalesch Rees duerch déi faarweg Welt vun Disney geholl. Vun onvergiessleche Klassiker aus den 90er Joren, bis hin zu den aktuelle Melodien aus Filmer ewéi Frozen, Moana an Encanto. Déi bekannte Kläng hu vun Ufank un eng super Atmosphär geschaf an d'Publikum war begeeschtert.

De Sonndegnomëtten huet de Famillje gehéiert. Mat fräiem Entrée huet d'Musek an engem interaktive Programm fir Kanner eng méi kuerz Versioun vum Show-Concert (45 Minutten) gespillt. Et si Feeën op Rollschung duerch de Sall gerullt, d'Kanner hu mat gedantz a geklappt, a bei Frozen huet et souguer geschneit.

D'Konzept aus Musek, Show-Elementer an Interaktioun mam Publikum war dëst Joer e komplette Succès an eng Widderhuelung ass net ausgeschloss.



Concert de Gala

15.03 Dimanche 17h00
à l'Artikuss de Soleuvre

Brass Band du Conservatoire d'Esch-sur-Alzette

direction : Claude Schlim



www.brassband.lu




www.kalstrobel.com

soliste :
Kai Strobel, percussion

présentation : Nadine Cruchten

au programme des oeuvres de Emmanuel Séjourné,
Philip Harper, Eric Whitacre, Hans Loirs



conservatoire.esch.lu

Renseignements, réservations et vente:

Billetterie du Conservatoire d'Esch/Alzette:
(+352) 2754 9725
Ma-Ve 08h30 - 12h00 / 14h00 - 17h00
Sa 08h30 - 12h00

Ticket Regional:
(+352) 2030 1011
Lu-Sa 09h00 - 18h00
www.ticket-regional.lu

Artikuss
MUSIQUE DE CONCERT ET DE CHAMBRE


conservatoire
de la Ville d'Esch-sur-Alzette


ESCH



Harmonie Municipale Esch-sur-Alzette

Gala "Legends" in legendärer Darstellung

Text : Maryse LALLEMAND | Foto : Darius DASHTI

www.hmesch.lu



Eine besondere Herausforderung liegt im Bestreben, Legenden in ihrer Wahrheit und Fiktion aufleben zu lassen, sei es in Sprache oder in Musik.

Wenn das Schicksal es erlaubt, dass man ein sagenhaftes Orchester unter der Leitung eines heroischen Dirigenten mit magischem Taktstock und einen epischen Erzähler mit packendem Ausdruck ins Zusammenspiel bringen kann, so sollen Legenden ihren musikalischen Lauf nehmen.

